# DE LOUSCHLËSSEL

Gemeng **Feelen**

NUMMER 23 | FEBRUAR 2020



# INHALTSVERZEICHNIS


**2.** Conseil Communal
Rapport de la séance du 19 décembre 2019

**4.** Aweiung vun den neie Sozialwunnengen
zu Uewerfeelen

**5.** Aweiung vun der neier Dépendance
vum Gemengenatelier

**6.** Aweiung vum neie Sport- a
Fräizäitkomplex Centre Waarkdall

**8.** Bicherschaf

**9.** Journée du Grand Âge

**10.** 2.500 € un „d'Stroossenenglen"- Scheckiwwer-
reechung vun de Kommissioune vu Feelen

**11.** Gemeinde Feulen - Mitglied des COPIL
Natura 2000 Atert- & Waarkdall

**12.** Tour du Duerf 2019

**13.** Eng Drénkfläsch fir all Schoulkanner

**14.** #bike4all - Alles op de Vëlo am Waarkdall

**16.** Gutt Liewen ass einfach - Sensibiliséierungs-
campagne zu méi Nohaltegkeet am Alldag

**17.** Gemeinschaftsgaart

**18.** Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

**19.** Café des langues à Feulen

**20.** Kulturkommissioun Feelen 2019

**21.** Kulturrees Graubünden/Engadin

**24.** Hiram Dudley Ives (1905-1983)
Leutnant-Colonel spéider Major General
3. Spillplaz

**28.** Elterevertrieder

**29.** Liichtmëssdag 2019

**30.** Kannerfuesbal organiséiert vum Badminton Feelen

**31.** Feulen, je me souviens…

**32.** Kleeschen 2019

**33.** D'Pompjeeën Feelen spenden un de Leederwon

**33.** Déi Jonk vu gëschter spenden un de Leederwon

**34.** D'Schoulkanner spenden un d'Opfangstatioun
fir wëll Déieren

**36.** D'Schoulkanner spenden un Ile aux Clowns

**36.** Den US Feelen spend fir Médecins du monde
Luxembourg

**37.** 49. Malwettbewerb Raiffeisenbank Diekirch-Feulen

**38.** 21 et 22 mars 2020
15ème Relais pour la vie

**39.** DT95 Feelen - Generalversammlung

**40.** Wikingerschach on the Beach 1st Edition

**42.** Feelener Sekuristen & Wanderfrënn asbl
Dagesausfluch Vogesen

**43.** Feelener Sekuristen & Wanderfrënn asbl
IVV Wanderung

**44.** Feelener Fëscherkollegen 1992
Réckbléck op d'Saison 2019

**46.** Déi Jonk vu Gëschter
Fréijoersausfluch op Schengen

**47.** Feuerwehrmann mit Leib & Seele
Roger Claus als Korpschef verabschiedet

**48.** Jugendaarbecht vum Fussball - North Limburg Cup

**49.** Jugendaarbecht vum Fussball - Ausfluch
an BayArena op Leverkusen

**50.** Ekippen - Entente Feelen / Heischent / Gréiwels

**51.** Visite „Musée des Mines zu Rëmeleng"

**52.** Endlech Alaska!

**53.** Concert Uergel mat Klarinett

**54.** Feelener Musek - Galaconcert

**56.** Concert Trumpet Crossover - Trompett an Uergel

**57.** Kettel Charles - 90 Jahre

**58.** Di 70-Jährig hun sech erëmgesin

**59.** Mariages / Naissances / Décès

**60.** Nordstadjugend aktuell
Dikricher Jugendhaus feiert 30 Joer

**62.** Youth&Work

**64.** Landakademie

**65.** Vital an aktiv

**66.** Association Luxembourg Alzheimer

**68.** Sicona

**69.** Police

**70.** Corps Grand-Ducal Incendie & Secours

# CONSEIL COMMUNAL

## Rapport de la séance du 19 décembre 2019

**PRÉSENTS:**

Mergen Fernand
*bourgmestre*

Hansen Alain
Wilmes Daniel
*échevins*

Arend Guy
Bindels-Braun Tanja
Hentges Georges
Pirsch Thomas
*conseillers*

Welter Claudine
*secrétaire communale*

**EXCUSÉES:**

Correia Miriam
Mergen Christianne

## Rapport suivant l'ordre du jour de la séance

### 1. Approbation du budget rectifié 2019

Le budget rectifié de l'année 2019 qui a été présenté et discuté également lors d'une séance de travail non-publique est approuvé à l'unanimité des voix par le conseil communal. (M. Arend Guy étant excusé lors du vote du point 1)

**Tableau récapitulatif du budget rectifié 2019**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Recettes | 8.540.981,15 € | 1.660.508,63 € |
| Dépenses | 5.885.487,07 € | 4.445.845,28 € |
| Boni propre à l'exercice | 2.655.494,08 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 2.785.336,65 € |
| Boni du compte 2018 | 419.545,10 € | |
| Boni général | 3.075.039,18 € | |
| Mali général | | 2.785.336,65 € |
| Boni présumé fin 2019 | 289.702,53 € | |

### 2. Approbation du budget 2020

Le budget de l'année 2020 qui a été présenté et discuté également lors d'une séance de travail non-publique est approuvé à l'unanimité des voix par le conseil communal.

**Le budget extraordinaire pour l'année 2020 prévoit entre autres les dépenses majeures suivantes:**
Apport en capital SIDEN: 382.550,86 €
Rénovation complète du 1er étage de l'ancienne école primaire à Niederfeulen: 500.000,00 €
Construction d'une nouvelle mairie: 800.000,00 € €
Rénovation du hall sportif: 510.000,00 € €
Renaturation du cours d'eau „Wark": 300.000,00 € €

**Tableau récapitulatif du budget 2020**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Recettes | 9.253.922,38 € | 2.235.150,00 € |
| Dépenses | 6.576.787,06 € | 3.852.470,86 € |
| Boni propre à l'exercice | 2.677.135,32 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 1.617.320,86 € |
| Boni présumé fin 2019 | 289.702,53 € | |
| Boni général | 2.966.837,85 € | |
| Mali général | | 1.617.320,86 € |
| Boni présumé fin 2020 | 1.349.516,99 € | |

La situation d'endettement par habitant au 31.12.2019 s'élève à 1.013,33 €.

# Rapport de la séance du 19 décembre 2019

## 3. Approbation d'un avenant à la convention relative à l'organisation et le fonctionnement du Guichet Unique PME

Un avenant à la convention relative à l'organisation et le fonctionnement du Guichet Unique PME a été établi le 16 décembre 2019. L'avenant tient compte de l'adhésion des communes de Goesdorf et de Rambrouch à la convention du 1er octobre 2018 relative à l'organisation et au fonctionnement du Guichet Unique PME.

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 4. Sicona Centre: Approbation du programme d'action annuel 2020

Le programme d'action annuel présenté par le syndicat intercommunal SICONA Centre comprend essentiellement l'entretien de biotopes, la coopération avec les agriculteurs, l'information et la sensibilisation, cartographies et plans de gestion, le projet LIFE et la protection d'espèces menacées. La somme de 53.000,00 € du coût total du programme d'action est à charge du budget ordinaire communal. La somme de 24.526,12 € est à charge du budget extraordinaire pour la réalisation de divers projets.

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 5. Nomination d'un nouveau membre à la commission scolaire

Suite aux élections des représentants des parents en octobre 2019, Madame Kohn Thérèse a été nommée membre de la commission scolaire.

**Décision:** 6 voix pour et 1 voix contre

## 6. Approbation d'un compromis de vente

Un compromis de vente concernant une parcelle de 0,47 ares sise à Oberfeulen au lieu-dit „route d'Arlon" a été signé entre la commune de Feulen et la Société Civile Immobilière Goergen-Mola d'Ettelbruck.

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 7. Cours de musique – Approbation de l'avenant à la convention signée entre la commune et l'UGDA ainsi que de l'organisation scolaire rectifiée 2019/2020

Approbation de l'organisation scolaire rectifiée relative à l'organisation de cours collectifs et de cours individuels de l'enseignement musical à dispenser par l'UGDA dans la commune de Feulen, ainsi que l'avenant à la convention entre l'Administration communale de Feulen et l'Union Grand-Duc Adolphe fixant la participation financière de la commune à 22.860,49 € pour l'année scolaire 2019/2020.

Nombre d'élèves inscrits
Cours collectifs: 21
Cours individuels (petits cuivres): 5

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 8. Fixation des nuits blanches pour l'année 2020

**Pour tous les débits de la commune**

| | | |
|---|---|---|
| **Carnaval** | samedi | 22 février 2020 |
| | dimanche | 23 février 2020 |
| | lundi | 24 février 2020 |
| **Pâques** | samedi | 12 avril 2020 |
| | dimanche | 13 avril 2020 |
| **Pentecôte** | samedi | 30 mai 2020 |
| | dimanche | 31 mai 2020 |
| **Fête Nationale** | lundi | 22 juin 2020 |
| | mardi | 23 juin 2020 |
| **Kermesse Niederfeulen** | samedi | 22 août 2020 |
| | dimanche | 23 août 2020 |
| | lundi | 24 août 2020 |
| | dimanche | 30 août 2020 |
| **Noël** | jeudi | 24 décembre 2020 |
| | vendredi | 25 décembre 2020 |
| | samedi | 26 décembre 2020 |
| **St Sylvestre** | jeudi | 31 décembre 2020 |
| **Nouvel An** | vendredi | 1er janvier 2021 |

**Pour les débits de la localité d'Oberfeulen:**

| | | |
|---|---|---|
| **À l'occasion de la kermesse** | samedi | 27 juin 2020 |
| | dimanche | 28 juin 2020 |

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 9. Approbation de titres de recette

Le conseil communal approuve à l'unanimité des titres de recettes pour l'exercice 2019.

## 10. Nomination d'un membre représentant la commune au conseil d'administration de l'Office social Nordstad

Suite à l'appel aux candidatures au poste vacant publié du 11 octobre au 30 novembre 2019 le conseil communal en séance à huis clos a nommé à l'unanimité Madame Sabrina Graas de Niederfeulen comme membre représentant la commune de Feulen au conseil d'administration de l'Office social Nordstad.

# AWEIUNG VUN DEN NEIE SOZIALWUNNENGEN ZU UEWERFEELEN

## Inauguration des nouveaux logements sociaux à Oberfeulen

**22.03.2019**





Madamm Minister Sam Tanson













# AWEIUNG VUN DER NEIER DÉPENDANCE VUM GEMENGENATELIER

## Inauguration de la nouvelle dépendance de l'atelier communal

**14.06.2019**



Madamm Minister Taina Bofferding















# AWEIUNG VUM NEIE SPORT- A FRÄIZÄITKOMPLEX CENTRE WAARKDALL

## Inauguration du nouveau centre de sport et de loisir Centre Waarkdall

27.09.2019







































Här Minister Romain Schneider



# BICHERSCHAF




De „Bicherschaf Feelen" niewent dem Busarrêt virun der aler Schoul ass eng ëffentlech, gratis Bibliothéik.

De Prinzip vum Bicherschaf ass e Buch eraus ze huelen an dofir e neit a Plaz ze stellen. Duerch dës Initiativ gëtt liesen geférdert an d'Leit hunn Méiglechkeet och fir si ongewinnten Auteuren ze liesen an doduerch Neies kennen ze leieren.

Benotzt w.e.g. de Bicherschaf net fir Bicher do of ze stellen déi Dir net méi braucht.

*Le „Bicherschaf Feelen" se situant à côté de l'arrêt de bus dans la rue Eugène Reiser est en faite une bibliothèque publique et gratuite. Empruntez un livre et posez un autre à sa place. Le but est de promouvoir la lecture et de découvrir de nouveaux écrivains.*

*Le „Bicherschaf Feelen" n'est pas l'endroit approprié pour se débarrasser de ses vieux livres.*



# JOURNÉE DU GRAND ÂGE



Für die Senioren aus der Gemeinde Feulen ist die „Journée du Grand Âge" ein Tag der Begegnung, dem sie stets mit Freude entgegensehen. Traditionsgemäß im Oktober laden der Seniorenverein „Déi Jonk vu gëschter Feelen" und die Gemeindeverwaltung ins Kulturzentrum ein, um einige gemütliche Stunden zu verbringen. Rund 110 Feulener Mitbürger waren der Einladung gefolgt und ließen sich das Festmenü auch gut schmecken. Bürgermeister Fernand Mergen hob Sinn und Zweck dieser besonderen Feier hervor und wünschte allen Teilnehmern für die Zukunft, Gesundheit und Zufriedenheit. Die Feier war ebenfalls Anlass, verschiedene Jubilare zum Geburts- oder Hochzeitstag zu ehren.

**70 Joer:**

Claus Raymond
Bormann Jean- Marie
Ottelé-Hottua Léa
Weckering René
Faber-Wirtz Marie-Anne
Zacharias Evangelos
Berns-Ries Marie-Jeanne

**75 Joer:**

Koch Emile
Hansen Joseph

**80 Joer:**

Theisen Gilbert
Schmillen Inge
Theisen François

**85 Joer:**

Welter-Leyder Henriette
Schank-Karels Elise

**Gëllen Hochzäit:**

Schmit Alfred & Hellenbrand Suzette

Text/Foto: Charles Reiser

# 2.500 € UN „D'STROOSSENENGLEN“

## Scheckiwwerreechung vun de Kommissioune vu Feelen

**24.04.2019**



Ee Scheck vun 2500 € konnten d'Membere vun deene verschiddene Kommissioune vun der Gemeng Feelen op engem sympateschen Owend un „d'Stroossenenglen“ iwwerreechen. Dësen Don kënnt all Joer zesummen andeems d'Membere vun de Kommissiounen op hir Jetonen vun de Kommissiounssitzunge verzichten an dat Geld un eng Organisatioun spenden, fir dass anere Leit ka gehollef ginn.

2019 waren „d'Stroossenenglen“ ausgewielt ginn. De Luc vun de „Stroossenenglen“ huet de Membere vun de Kommissiounen ee ganz grousse Merci fir dee generéisen Don ausgeschwat an den Engelen hir Aarbecht virgestallt. „D'Stroossenenglen“, sinn ee villfälteg zesummegewierfelte Grupp, déi sech benevole fir Leit asetzen, déi op der Strooss oder an Aarmut liewen. Et geet schnell am Liewen fir an Aarmut ze kommen, an op eemol op der Strooss ze landen (Aarbecht verluer, Problemer am soziale Liewen, Drogen, Alkohol, Trennung, Krankheet, Aarmut, Altersaarmut…).

„D'Stoossenenglen“ hunn hire Siège zu Dikrich a si si fir de ganzen Norden, awer och bis an d'Stad zoustänneg. Si suerge fir d'Verpflegung vun de Mënschen, déi op der Strooss oder an Aarmut liewen (organiséiere Liewensmëttel wéi Zoppen, Kaffi, Brout….) a verdeelen Decken, Schlofsäck a Kleeder. Awer och Gespréicher mat deene Betraffene sinn immens wichteg, och fir d'éischt mol hirt Vertrauen ze gewannen. Spende vu Miwwelen ginn och verdeelt, wann ee Betraffenen dann och d'Chance huet fir nees eng Wunneng ze fannen.

„D'Stroossenenglen“ sinn um Terrain direkt ënnerwee (zu Fouss, mat enger Camionnette oder mat hirem Bauwagen zu Bouneweg) an hir Hëllef kënnt direkt bei deene Betraffenen un.

### HËLLEFE KA JIDFEREEN

Spenden Konto CCPL LU04 1111 7097 8435 0000

Stroossen Englen a.s.b.l.
72 rue de Gilsdorf - L- 9234 Diekirch

www.stroossenenglen.lu

Nadine Schreiner-Bachstein

# GEMEINDE FEULEN MITGLIED DES COPIL NATURA 2000 ATERT- & WARKDALL

Am 19.06.2019 fand die erste Tagung des Comité de Pilotage (COPIL) Atert- & Warkdall in der Aula in Redingen statt. Auch die Vertreter der Gemeinde Feulen waren zu diesem Treffen des Lenkungsausschusses eingeladen.


Natura 2000 ist ein europaweites Netz von Naturschutzgebieten mit dem Ziel, gefährdete heimische Pflanzen- und Tierarten und ihre natürlichen Lebensräume zu schützen. Dabei hat sich Luxemburg zum Ziel gesetzt, eine Verbesserung aller schützenswerten Artenbestände und Lebensräume anzustreben. Um dieses Ziel zu erreichen, werden acht COPIL für die verschiedenen Regionen des Landes ins Leben gerufen, welche die unterschiedlichen Natura 2000 Gebiete verwalten werden. Der COPIL Atert- & Warkdall wurde bereits im März 2019 in Anwesenheit von der Umweltministerin Carole Dieschbourg in Redingen gegründet.

Die erste Tagung hatte zum Ziel, alle Akteure erstmals an einen Tisch zu bringen und einen Austausch zwischen den verschiedenen Vertretern anzuregen. Neben dem Verwaltungsausschuss, bei dem alle Mitglieder vertreten sind, wurde auch ein geschäftsführender Vorstand bestehend aus dem COPIL-Präsidenten, je einem Vertreter der Natur- und Forstverwaltung, des Wasserwirtschaftsamtes und der ASTA sowie zwei während der Tagung gewählten Gemeindevertreter (Mike Poiré, Mertzig; Camille Pletschette, Schieren) gegründet.













# TOUR DU DUERF 2019



Den „Tour du Duerf", organiséiert vun den Ëmwelt- a Mobilitéitskommissiounen, ass d'läscht Joer e volle Succès ginn. Waren am Joer 2018 am Ganzen 4371 km gefuer ginn, sou ass 2019 all Rekord gebrach gi mat 9216 km. Dat brengt déi 10. Plaz landeswäit an eng super 3. Plaz vun de Gemenge, mat de meeschte Kilometer pro Awunner. 10 Teams ware bedeelegt, mat insgesamt 43 Leit, déi aktiv gefuer sinn. Dovu 7 kleng Kanner déi mat Begeeschterung derbäi waren. Dat ass d'Motivatioun, fir dem Vëlo an eisem Duerf, méi ee grousse Stellewäert ze ginn. D'Gewënner mat de meeschte Kilometer bei den Erwuessenen, wéi bei de Kanner, hu vun der Gemeng flott Präisser fir hir Méi iwwerreecht kritt.

De 9. Dezember 2019 war d'Gemeng Feelen vum Verkéiersverbond a vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg op d'Präisiwwerreechung agelueden, fir den 3. Präis an der Kategorie "Meeschte Vëlos-km pro Awunner" entgéint ze huelen.



Ëmwelt- & Mobilitéitskommissioun

Fotoen: Marc Schmit

# ENG DRÉNKFLÄSCH FIR ALL SCHOULKANNER

**16.09.2019**



Op Initiativ vun der Ëmweltkommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Feelen huet all Kand, vum Précoce bis zum Zykle 4, fir de Schoulufank eng praktesch Drénkfläsch mat originellem Logo vum Kuebebongert, entworf vum Pascal Huberty, iwwerreecht kritt. D'Zil ass et d'Kanner zu méi Nohaltegkeet a Schoune vun der Ëmwelt ze erzéien. Aner Gemengen uechter d'Land hu sech schonn iwwer den Echo bei eis informéiert a si bereet op dee selwechte Wee ze goen.

Text: Christianne Mergen / Foto: Charles Reiser
Ëmweltkommissioun Feelen






# #BIKE4ALL

## Alles op de Vëlo am Waarkdall

**22.09.2019**







Fir den éischte Vëlosdag „Bike4all" organiséiert vun de Gemenge Feelen a Mäerzeg a Kooperatioun mat de Kommissiounen Ëmwelt & Mobilitéit Feelen an Event & Green Mäerzeg, war de Start um 10:30 Auer. Am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch an dem „Tour du Duerf" huet sech deen Dag alles ëm de Vëlo gedréint. Bei sonnegem Hierschtwieder ware vill Leit begeeschtert fir hir Ronne laanscht d'Parkierch, iwwer Kochert op Mäerzeg an zréck ze pedalléieren. D'Famillje mat Kanner hunn et genoss endlech eemol iwwer d'Haaptstrooss ze fueren ouni op d'Autoen oppassen ze mussen.

E puer special guests hate sech ënnert Vëlosfuerer gemëscht z.B. de Ralph „Dizzy" Diseviscourt, de Laurent a Lex Reichling, de Luc Mergen oder nach Vintage Boys, déi sech eng Freed gemaach hunn, einfach aus Spaass mat de Leit ronderëm ze fueren.

Op zwou Plaze konnt een E-Bikes gratis testen, ob dat engem gefält fir sech bësschen hëllefen ze loossen. Zu Uewerfeelen konnt een e Vëlomobil testen oder Informatioune kréien wéi sou eppes selwer zesumme gebaut gëtt.

Mat all Aschreiwung um #bike4all konnt een un der Stempelrallye deel huelen, déi verbonne war mat enger Quizfro. Di richteg Äntwert war: et hunn den 20. September 2019 genau 4492 Awunner an deenen zwou Gemengen gewunnt. Et waren 3 flott Präisser gesponsert ginn.

E grousse Merci deenen zwou Gemenge fir hir Ënnerstëtzung, alle Memberen aus de Kommissiounen, de Veräiner esou wéi alle Fräiwëllegen, déi zum Erfolleg vun dësem Dag bäigedroen hunn.

De Film vum Dag ass um Site www.bike4all.lu ze kucken.

Fotoen: John Zeimet

































# GUTT LIEWEN ASS EINFACH

## Sensibiliséierungscampagne zu méi Nohaltegkeet am Alldag

**16.-25.05.2019**












Ënner dësem Moto fënnt eng europäesch Campagne statt, déi mat positive Biller statt mat Verbuetslitaneien duerzou ureege soll, d'Denke vum Klimaschutz am Alldag ëmzesetzen. Op Initiativ vun der Ëmweltkommissioun waren dës witzeg Pousteren zu Nidderfeelen am Schoulhaff vum Kuebebongert vum 16. bis de 25. Mee 2019 ausgestallt ginn. Duerch ganz banal Beispiller aus dem Beräich Mobilitéit, Waasserverbrauch, Ernärung, Wunnen a Fräizaitgestaltung weisen dës Biller op eng einfach Manéier wéi ee säi Liewen nohalteg gestalte kann, ouni dobäi op eng gewësse Liewensqualitéit verzichten ze mussen. Wärend enger Woch konnten Schoulkanner déi néideg Erklärunge vum Léierpersonal kréien. Och um Sportsdag vum Kuebebongert, wou vill Elteren a Frënn komm waren, konnten och si sech informéieren.

Ëmweltkommissioun Feelen



# GEMEINSCHAFTSGAART













Nom Opruff am Louschlëssel N° 22 hu sech eng Dose Leit gemellt, déi un der Iddi vun engem Gemeinschaftsgaart interesséiert wieren. Dat éischt Treffen huet dunn den 22. Abrëll a Form vun engem Picknick stattfonnt.

D'Gäertner waren ageluede ginn, eppes matzebréngen fir ze deelen. Kuch, Kichelcher a Schampes ware mat dobäi. Mir hunn eis all matgedeelt wat eis Erfarungen mat Gäertnerei wier, an wéi mir eis de Gemeinschaftsgaart géife virstellen. Et huet sech séier erausgestallt, dass kee vun eis ee Profi wier, mee dass mer eis awer staark géifen dofir interesséieren wéi eist Iessen wiisst. Virun allem d'Aspekter lokal, saisonal an ouni cheemesch Zousazstoffer leien jidderengem um Häerz.

Den Dag selwer ware mer dunn nach en Terrain an den Heischterwee zu Uewerfeelen kucken, dee mir vun enger Privatpersoun géife verpacht kréien. Jiddereen huet fonnt, dass den Terrain eng ideal Lag hätt.

Hecken, Uebstbeem a Straich déi de Planzen géife Wandschutz ginn, ware schonn do. Och ee Schapp an deem mir d'Material kéinten ënnerstellen. Am Schapp louch nach Holz, dat mer konnten notzen fir een Hochbeet an ee Kompost ze bauen. D'Gemeng huet sech kuerz drop bereet erkläert, fir de Bail vun der Pacht ze iwwerhuelen.

Verschidden Awunner hunn eis ënnerstëtzt, sief et mat Päerdsmëscht fir de Kompost unzesetzen oder Sidec-Kompost op de Fridhaff sichen ze fueren. Ee Reekullang, deen net méi gebraucht gouf an déi dozou gehéierend Kreep goufen och gespend, esou dass mir d'Reewaasser, dat op de Schapp fält, opfänke kënnen.

Allerdéngs hu mir séier gemierkt, dass déi mëttlerweil dréche Summerméint net géife verhënneren, dass mir ee Schlauch bräichten. Esou hu mir genuch Schlauch kaaft, fir d'Distanz vun 120 Meter tëscht dem Hydrant an dem Gaart ze iwwerbrécken. Mir plangen fir d'nächst Joer ee Bewässerungssystem ze leeën, mat deem et méiglech ass, Waasser ze spueren an trotzdeem genuch ze netzen.

Zum Geméis dat ugeplanzt gouf, gehéieren Courgetten, Bounen, Muerten, Tomaten, Mais, Poretten, Auberginnen, Zalot a Rout Rommelen. Um Terrain steet nach eng Wäschléngt, déi mer stoe loossen fir Kloterplanzen. Et goufen och Äerdbier a verschidde Kraider gesat. Verschiddenes ass besser gaangen wéi dat anert, mee et léiert ee jo bäi.

D'nächst Joer hu mir wëlles, eis ee bis zwee mol de Mount ze treffen, deemno wéi eng Joreszäit et ass. Wann Dir interesséiert sidd, fir beim Gemeinschaftsgaart matzemaachen, oder Dir wëllt ee Projet op enger anerer Plaz an der Gemeng starten, da kennt Dir den Thierry Palgen kontaktéieren (621 769 059 - thierry@kult.lu).

Op dëser Plaz wëlle mir all deene Merci soen, déi eis bis elo beim Projet ënnerstëtzt hunn, si wäerte sech erkennen.

Ëmweltkommissioun Feelen

# MIR SINN ENG FAIRTRADE GEMENG



Zesummen mat der Gemeng Feelen hat de Comité Fairtrade d'Awunner aus der Gemeng den 18. Mee ganz häerzlech op e Kaffisdësch agelued

Bei dëser Geleeënheet ass e Chèque (Erléiss aus der Fairtrade Kaffistuff Kleeschen vun 2017 an 2018) un d'Vereenegung „Îles aux Clowns" iwwerreecht ginn.







Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

Mir wiele Produiten aus Fairem Handel mat dësem Label

# CAFÉ DES LANGUES À FEULEN

**26.06.2019**












La Commission de l'Intégration de Feulen a organisé, le 26 juin 2019 au Hennesbau, sa première édition du café des langues, en partenariat avec la commune de Feulen, la Maison des associations Luxembourg asbl, les communes de Bissen et Colmar-Berg, et avec le soutien du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande-Région.

Le café des langues permet aux participants de pratiquer une langue en dehors du cadre académique d'un cours. C'est aussi un lieu d'échanges où les personnes peuvent faire de nouvelles connaissances tout en apprenant davantage sur la langue et la culture de leurs interlocuteurs. Les participants sont répartis en petits groupes par table linguistiques et discutent d'un thème donné. Après une pause, les participants ont la possibilité de choisir une autre table et donc une autre langue.

Pour sa première édition, la Commission de l'Intégration de Feulen a accueilli quelques 50 personnes, représentant 15 nationalités, venant de Feulen et des communes voisines telles que Colmar-Berg, Bissen, Diekirch ou encore Ettelbrück.

5 langues y ont été pratiquées: luxembourgeois, français, anglais, néerlandais et espagnol, durant 2 sessions de 45 minutes chacune.

La pause a été assurée par l'équipe de la Commission de l'Intégration de Feulen qui a proposé une petite collation et des boissons. Pour les personnes qui le souhaitaient, un service de garderie a été mis en place avec une assistante parentale agréée, habitant la commune.

Le café des langues rencontre un franc succès et se décline progressivement dans les communes voisines. Si vous souhaitez davantage d'information ou si vous voulez vous inscrire à une session:

www.maisondesassociations.lu/cafe-des-langues.html

Inscrivez-vous gratuitement par téléphone au 26 68 31 09 ou par e-mail à l'adresse info@mda.lu, en indiquant la/les langue(s) pratiquée(s), le nombre de personnes concernées, et le cas échéant, la présence d'enfants. Plusieurs éditions auront encore lieu en 2019 dans les communes voisines, et Feulen se félicite d'accueillir une prochaine édition en 2020.

La Commission de l'Intégration de Feulen se tient également à votre disposition pour toute question: integration@feulen.lu

# KULTURKOMMISSIOUN FEELEN 2019



Melsen Marco, Rodesch-Schwartz Marcelle, Correia Miriam, Welter-Heintzen Marianne, Reinartz-Krack Viviane, Schmitz Fons, Schreiner-Bachstein Nadine

# KULTURREES GRAUBÜNDEN/ENGADIN

**26.-29.10.2019**

Eng Rees mat Dramziler, hat d'Kulturkommissioun Feelen zesumme mat Voyages Schmit am Oktober 2019 organiséiert. Destinatioun war dës Kéier eng Rees an d'Schwäiz.

E gutt gelaunte Grupp huet sech moies fréi um 06:00 zu Feelen afonnt fir zesummen an engem flotte Reesbus vum Voyages Schmit iwwer Stroossbuerg, Basel, laanscht den Züricher See bis an de Kanton Graubünden ze fueren.

Den Hotel „Hilton Garden Inn Davos" war tip top an huet fir jidfereen eppes gebueden. Zu Fouss konnt ee ganz bequem den Zentrum vun Davos vum Hotel aus erkunden. Kleng Butteker a schwäizer oder international Restauranten hunn di Feelener Bierger direkt a Beschlag geholl.

Deen zweeten Dag huet bei absolutem Dramwieder eng Zuchfaart mam „Bernina Express" vun Davos op Poschiavo vill Häerzer héich schloe gelooss. Dëse Programmpunkt war een absoluten Highlight!





















Den 1. Klass Waggon mat Panoramafënstere war fir de Grupp aus Feelen reservéiert ginn.

Direkt hannert deem Waggon, haaten d'Schwäizer een „Aussichtswaggon“ drugehaangen, an esou konnt ee „Cabrio“ mam Zuch fueren an di spektakulär Faart duerch Schluchten, vum Hierscht gefierwte Bëscher, laanscht Seeën, iwwer spektakulär Brécken an duerch onzieleg Tunnellen di wonnerschéi Landschaften, Dierfer, Bierger mat Gletscher a Schnéikoppe bestaunen.

Eng onvergiesslech Faart, déi nom Mëttegiessen zu Poschiavo awer nach net sollt eriwwer sinn.











Mam Reesbus vum Voyages Schmit ass eise jonke Buschauffeur Chris Schmitz, grad esou eng spektakulär Streck vu Poschiavo bis op St.Moritz gefuer. Ee Panorama méi schéi wéi deen aneren. Op munche Plazen huet dee ganze Reesgrupp den Otem ugehaalen, wann de Chris dee grousse Bus tëschent den Haiser vu klengen Dierfer hoergenee manövréiert huet, oder op deenen enke Stroossen an onzielege Kéieren, alles perfekt gemeeschtert huet. De Feelener Grupp huet dem jonke Buschauffeur zu där Leeschtung héige Luef ausgeschwat!

St.Moritz gouf uschléissend per Pedes entdeckt, éier et nees op Davos zeréck gung fir d'Nuechtiessen.

Um 3. Dag war een Dagesausfluch op Chur um Programm. Mat enger visite guidée goufen di schéinste Plaze vu Chur zu Fouss entdeckt. Dat gutt Wieder vum Dag virdru war leider net méi um Rendez-vous, mee dat huet der Laun vum sympatesche Grupp vu Feelen keen Ofbroch gemaach, an di Feelener hunn am Nométteg d'Butteker vu Chur opgesicht. Munch Schwäizer Souvenir an eng Partie Tuute mat guddem Kéis an aneren typesche Produkter, sinn ënnen am Bus verstaut ginn, fir um läschten Dag nees d'Heemrees op Feelen unzetrieden.

Nadine Schreiner-Bachstein

**SAVE THE DATE**

Nächst Kulturrees 2020

**24.-27. OKTOBER 2020**

# HIRAM DUDLEY IVES (1905-1983)

## Leutnant-Colonel spéider Major General 3. Spillplaz





Wéi an der leschter Editioun ugeschwat, wollt de Generol Hiram Dudley Ives als Dankbarkeet fir den Titel als Éierebierger vu Feelen, deen hie vun der Gemeng erhalen huet, de Feelener Bierger eppes zeréck ginn. Och well besonnesch d'Kanner him et ëmmer ugedoen haten, war d'Iddi vun enger Spillplaz schnell gebuer. Dëse Projet sollt hien, wat keen zu deem Zäitpunkt wësse konnt, bis u säi Liewensenn begleeden.

Zeréck an senger Heemecht huet den Ives Dudley sech dunn direkt un d'Ëmsetze vun der Iddi gemaach. Fir d'éischt huet hie sech Gedanken iwwer de Finanzement gemaach. Hien huet mat fréieren Zaldoten, déi ënnert him gedingt hunn, dëse Projet beschwat. D'Ënnerstëtzung vu ville Leit war him gewëss, sou dass no kuerzer Zäit ee Fong an d'Liewe geruff gouf, fir dëse Projet ze finanzéieren. Vill privat Uläss goufe benotzt fir Spenden fir dëse Fong ze sammelen. Begriefnesser, Kanddafen, Gebuertsdeeg, alles war ee gudden Ulass fir dëse Fong ze speisen.

Zu Feelen huet dës Iddi natierlech aner Problemer mat sech bruecht. Wou sollt dës Spillplaz amenagéiert ginn? Eng logesch Plaz war natierlech an der Géigend vun der Schoul a Spillschoul. D'Plaz war schnell definéiert, mee et hunn duerfir awer missen Terraine vun der Gemeng kaaft ginn. Deemools wéi och haut nach waren dat awer Prozeduren, déi net esou einfach a schnell konnten duerchgezu ginn. Nodeems fest stoung wéi een Terrain ee sollt kaaf ginn, gouf mat de Proprietéite Kontakt opgeholl an de Projet presentéiert. Den Ukaf huet och missen an den Budget gesat ginn, an déi staatlech Autorisatiounen hu missen ugefrot ginn. Relativ schnell war ee sech mat den Proprietéiten eens iwwer de Verkaf an de Präis vun den Terrainen.

All dës Prozeduren hunn dem Generol awer vill ze laang gedauert. A verschiddene Bréiwer huet hien seng Onzefriddenheet matgedeelt. De Fong war ganz schnell mat 2.000 Dollar gefëllt. Gedold war nun emol keng Dugend vum Generol. Trotz den Informatiounen iwwer de Fortschrëtt vum Ukaf vun den Terrainen ass dat dem Här Ives Dudley alles vill ze lues gaangen.

Fir net nach méi Zäit ze verléieren, huet hien du scho Pläng gemaach, wéi sou eng Spillplaz sollt ausgesinn. Vill Fotoe vun änleche Projeten huet hien un den Thill Marcel geschéckt. Hien huet och schonn amerikanesch Firmaen kontaktéiert a Katalogen vu Spiller ugefrot, déi op esou enger Spillplaz sollte stoen. Holz war fir de Generol, dat Material, wat sollt gebraucht ginn.

Endlech konnt de Feelener Gemengerot dem Generol matdeelen dass den Ukaf vun den Terrainen ofgeschloss wier, an dass d'Akte beim Nottär konnten ënnerschriwwe ginn. De Präis deen deemols bezuelt gouf waren 1,6 Millioune lëtzebuerger Frang (ronn 40.000 €). Domat war awer just eng Basis fir de Projet geschafen. Aner Prozeduren fir déi néideg Autorisatioune sinn dunn ugelaf. Duerno huet dee ganzen Terrain missen amenagéiert ginn. Nodeems déi definitiv Pläng fäerdeg waren, gouf zesumme mat Aarbechter vun der DAC (deemools Division Anti Crise vun der ARBED) d'Aarbechten ugefaangen an den Terrain preparéiert.

Als Erënnerung an als Unerkennung un den Éirebierger Hiram Dudley Ives sollt och een Denkmal op dës Plaz kommen. De Generol, a senger Bescheidenheet, wollt awer just eng kleng Plackett, wou virun allem u seng Zaldoten aus dem 2. Weltkrich geduecht sollt ginn. Duerfir huet de Generol den Text, deen op dës Plackett sollt kommen, och selwer verfaasst.

































Am Laf vum Joer sinn d'Aarbechte gutt viru gaangen. D'Gemeng konnt sech Gedanken iwwer eng feierlech Aweiung maachen. Leider huet eng schwéier Krankheet dem Generol ze schafe gemaach, an hien huet missen an d'Spidol fir sech behandelen ze loossen. Trotz senger Krankheet huet hie virun um Projet geschafft. Den Datum fir d'Aweiung gouf op den 12. Oktober 1982 gesat. De Generol huet awer drop gehalen, dass verschidde vu sengen Zaldote sollte mat dobäi sinn. Hien huet se all ugeschriwwen a gefrot, wien kënnt mat op Feelen kommen. Seng Enttäuschung war grouss, well nëmmen 3 Leit sech gemellt haten.

Seng Enttäuschung sollt awer nach méi grouss ginn. Kuerz virum Datum vun der Aweiung hunn dem Dudley Ives seng Dokteren him geroden, fir déi schwéier Rees net unzetrieden. Seng Krankheet war leider fortgeschratt a seng kierperlech Verfassung war net ze gutt. Hie wollt awer net dass d'Aweiung sollt op een aneren Datum geréckelt ginn.

Säi Schwoer huet dunn zesumme mat senger Schwëster d'Charge iwwerholl fir un der Aweiung deelzehuelen. Ganz vill Prominenz hat sech deen Dag zu Feelen afonnt. Et war ee grousst Fest wat gefeiert gouf. D'Schoulmeeschteren an d'Schoulkanner mat den Elteren waren all do. All Bierger aus dem Duerf war invitéiert ginn. D'Spillplaz an d'Plackett goufe feierlech ageweit.

De Generol war stolz, wéi hien de Bericht vun der Aweiung kritt huet. De Fong sollt nach eng Zäitche weider bestoe bleiwen an dat Geld war fir den Entretien geduecht. Am Ganze goufe ronn 200.000 lëtzebuerger Frang fir Spillplaz gesammelt.

Haut erënnert just nach d'Plackett un de generéisen Gest vun eisen amerikanesche Frënn. De Bau vun der Maison Relais an déi nei Schoulkomplexer hu grouss Deeler vun der Spillplaz gebraucht. Dofir ass eng méi modern Spillplaz an dësem Komplex opgebaut ginn.

De Generol ass den 3. Dezember 1983 u senger schwéierer Krankheet gestuerwen. Hie gouf um Militärkierfecht zu Airlington begruewen.

Déi déif Fréndschaft tëschent dem Generol an eisem Duerf Feelen ass wuel eng eemoleg Geschicht, déi een nimools sollt vergiessen. Ech hoffen dass dësen Artikel d'Erënnerung un de Generol Dudley Ives an u seng Zaldoten erëm opgefrëscht huet an dass sie och fir zukünfteg Generatiounen net ganz an de Vergiess geroden.

## DE MËSSEL MAM STROOSSENUMM

Well ee vun de Projeten, déi dem Generol zu Feelen virgestallt goufen, a gutt gefall hunn (Lotissement um Geischbierg), huet eis Gemengeverwaltung beschloss eng Strooss nom Generol ze benennen.

Déi éischt Haiser am neie Lotissement goufe gebaut an d'Stroosseschëlder goufe bestallt an installéiert. Leider ass et awer kengem mat Zäit opgefall, dass den Numm vum Generol net richteg geschriwwe war. A Plaz Ives mat engem „I" war Yves mat „Y" geschriwwe ginn. Wéi dat schlussendlech opgefall ass, waren scho verschidde Stéit ugemellt. Fir all administrativ an finanziell Demarchen ze erspueren, fir de Feeler ze verbesseren, gouf decidéiert fir den Numm vun der Strooss net ze änneren. Dofir heescht Strooss haut nach ëmmer „rue Dudley Yves".

Text: Pol Koetz
Quellen: Archiv Marcel Thill / „Feulen vergisst seine Kriegsopfer nicht" vum Paul Heinrich

# ELTEREVERTRIEDER

## Représentants des parents d'élèves



D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul gesäit ënner anerem vir, datt d'Eltere méi staark sollen an d'Schoul mat agebonne ginn.

Dës Walen hunn den 23. Oktober 2019 stattfonnd.

Eis Funktioun ass et, e Vermëttler tëschent den Elteren an dem Léierpersonal duerzestellen. Mir huelen aktiv deel un de Reunioune mam Schoulcomité an ginn eisen Avis zum Schoulentwécklungsplang (PDS) an zur Schoulorganisatioun of. Mir hëllefe bei der Organisatioun vu soziale a kulturelle Veranstaltungen an der Schoul a si Member an der Schoulkommissioun vun der Gemeng.

*La loi du 6 février 2009, portant sur l'organisation de l'enseignement fondamental, encourage les parents d'élèves de s'impliquer de manière plus engagée au sein de l'école.*

*Ces élections ont eu lieu cette année le 23 octobre 2019.*

*La fonction des représentants des parents d'élèves est d'assurer un rôle de médiateur entre les parents d'élèves et le personnel enseignant. Nous participons activement aux réunions du comité de l'école et donnons un avis par rapport au plan de développement scolaire (PDS) ainsi qu'à l'organisation au sein de l'école. Nous aidons dans l'organisation d'évènements de type sociaux et culturels et sommes membres de la Commission Scolaire de la commune de Feulen.*

Eis nei Besetzung fir dei nächst 3 Joër besteet aus 12 Leit:

*La nouvelle équipe est constituée de 12 membres qui portent un mandat pour une durée de 3 ans:*

Baum Mona
Carreli Marina
Feinen Tanja
Flammang Nancy
Kohn Tessy
Oesch Donny
Paracchini Aurélie
Schaul Pascale
Schoubben Xavier
Steinbach Christian
Wagner Sylvie
Walisch Sacha

Et feelt op der Foto / Manque sur la foto
Flammang Nancy

Fir de Kontakt mat den Elteren hu mir och eng E-mail Adress ugeluecht / *Si vous souhaitez nous contacter par e-mail:* elterenvertrieder@feulen.lu

# LIICHTMËSSDAG 2019











# KANNERFUESBAL

## organiséiert vum Badminton Feelen

**9.02.2019**











# FEULEN, JE ME SOUVIENS…

Les habitants de la commune de Feulen l'affirment, le village a bien changé depuis ces dernières années. Grâce à la croissance constante de ses habitants, Feulen a construit et s'est modernisé.

La machine à remonter le temps nous renvoie dans les années 80 où jusqu'en 1987, les élèves et les professeurs de Feulen se partageaient les écoles situées à Oberfeulen pour le cycle 1 (Spillschoul), et l'ancien bâtiment de l'école fondamentale de Niederfeulen pour les cycles 2 à 4.

Avec le temps, la salle des fêtes du Schammel est devenue la crèche de Niederfeulen, et les bovins ont déserté le champ où se sont construits la cour de l'école et le terrain de jeux.


En hiver, durant la période de carnaval, les enfants se réunissaient déguisés pour „Fetten Donneschden", ils marchaient en groupe et faisaient du porte à porte récolter des friandises, puis le cortège partageait son butin.

Les élèves ne rataient aucune occasion de se réunir pour faire la fête!

Merci à une habitante, native de la commune de Feulen, d'avoir partagé ses joyeux souvenirs.



Photo de l'école à Niederfeulen avec Saint Nicolas (Kleesschen): Cycle 2 (1986-87)





Photos „Fetten Donnesden" 1985: cortège rue Eugène Reiser Niederfeulen et route de Colmar Berg Oberfeulen



Fête des élèves au Hennesbau, 1986



Crèche de Noël, salle des fêtes de l'ancienne école de Niederfeulen, 1987 ou 1988

# KLEESCHEN 2019







# D'POMPJEEËN FEELEN SPENDEN UN DE LEEDERWON




Foto: Charles Reiser

# DÉI JONK VU GËSCHTER SPENDEN UN DE LEEDERWON



# D'SCHOULKANNER SPENDEN UN D'OPFANGSTATIOUN FIR WËLL DÉIEREN






Foto: Charles Reiser

# D'SCHOULKANNER SPENDEN UN ILE AUX CLOWNS




# DEN US FEELEN SPEND FIR MÉDECINS DU MONDE LUXEMBOURG



# 49. MALWETTBEWERB RAIFFEISENBANK DIEKIRCH-FEULEN




Mit der Beteiligung von insgesamt 2 682 Malereien, die von den verschiedenen Schulklassen aus 17 Nordgemeinden eingereicht wurden, war der Malwettbewerb 2019 der Raiffeisenbank Diekirch-Feulen einer großen Beteiligung beschieden. Der diesjährige und zugleich 49. Raiffeisen- Malwettbewerb stand unter dem Ehrenpatronat des Bildungsministeriums und der Teilnahme der Raiffeisenbanken aus sieben europäischen Ländern. Das Thema lautete diesmal: „Musek erliewen". Die Schüler ab dem Zyklus 1 bis 4 konnten vom 21. Januar bis zum 29. März daran teilnehmen. Dabei nehmen die Gewinner der Zyklen 2, 3 und 4 automatisch am internationalen Wettbewerb teil. Eine unabhängige Jury bewertete die eingereichten Werke nach den vorgeschriebenen Kriterien, Gesamtwirkung, Eigenständigkeit, Originalität, Fantasie und Aussagekraft. Im Rahmen der Preisverleihung an die 42 Gewinner, beglückwünschte Lucien Clesse, Vorsitzender des Verwaltungsrates. in der „Aal Seeërei" in Diekirch, alle Laureaten und gab seiner Freude Ausdrucküber das rege Interesse aller Beteiligten, die mit ihren innovativen und fantasievollen Werken von ausgezeichneter Qualität verwirklicht wurden und es der Jury bei der Bewertung sicherlich nicht einfach machten. Denn Musik spielt heutzutage eine ganze wichtige Rolle im Leben des Menschen und durch Musik erlernen wir Momente ganz anders und oft viel intensiver. Nach seinem Dank an alle kleinen Künstler, Eltern und dem Lehrpersonal mit der Jury in Zusammenarbeit mit dem Filialleiter und seinem Team für die rege Beteiligung und die perfekte Organisation dieser Preisüberreichung, gab Lucien Clesse seiner Hoffnung Ausdruck, dass sich die Schüler auch in Zukunft mit demselben Ehrgeiz am Raiffeisenbank- Malwettbewerb beteiligen. Den Glückwünschen schloss sich Filialleiter Thierry Kohnen gerne an, ehe alle Laureaten ihren verdienten Preis entgegennehmen konnten. Bereits im Vorfeld und im Anschluss an eine Minute der Stille würdigte Lucien Clesse das vorbildliche Leben des kürzlich verstorbenen Großherzogs, Jean.

Text/Foto: Charles Reiser

# 21 ET 22 MARS 2020
# 15ÈME RELAIS POUR LA VIE

## Relais des équipes - conférences - stands - ateliers - animations à la Coque au Kirchberg




D'Sport- a Jugendkommissioun vun der Feelener Gemeng solidariséiert sech mat der Aktioun **RELAIS POUR LA VIE** a participéiert mat engem Master Team (24 Stonnen).

Jiddereen, deen interesséiert ass, soll sech bis den **1. Mäerz 2020** mellen a matdeelen, wéi eng Zäitspan (21. Mäerz ab 20:00 Auer bis 22. Mäerz 20:00 Auer) hie bereet ass ze lafen oder ze goen. Eng Informatiounsversammlung fir Teilnehmer ass den 12. Mäerz 2020 um 19:00 Auer op der Gemeng.

### Umellen

Tél: 691 66 32 84 (Owens vun 18-20 Auer)
E-mail: chmergen@pt.lu

oder

Tél: 691 73 71 41 (Owens vun 18-20 Auer)
E-mail: jungelsjeff@gmail.com

D'Startgeld vun 10 € pro Persoun, ass an der Informatiounsversammlung ze bezuelen.

Mir maachen mat bei der Trophée de l'Espoir.

Weider Renseignementer fannt Dir awer och op
**www.relaispourlavie.lu**

La commission des sports et de la jeunesse de la commune Feulen se solidarise avec l'action RELAIS POUR LA VIE et participera avec un Master Team (24 heures).

Chaque personne intéressée pourra s'inscrire jusqu'au 1er mars 2020 et indiquer sa disponibilité pour courir ou marcher (21 mars de 20h00 au 22 mars 20h00). Une réunion d'information pour les participants aura lieu le 12 mars 2020 à 19h00 à la commune.

### Inscription

Tél: 691 66 32 84 (le soir de 18 à 20 heures)
E-mail: chmergen@pt.lu

ou

Tél: 691 73 71 41 (le soir de 18 à 20 heures)
E-mail: jungelsjeff@gmail.com

Le prix de participation est 10 € par personne,
et est à payer lors de la réunion d'information.

Nous participerons également à la Trophée de l'Espoir.

Vous trouverez davantage d'informations sur le site
**www.relaispourlavie.lu**

I Feelen

Gemeng **Feelen**
SPORT- A JUGENDKOMMISSIOUN

RELAIS POUR LA VIE 25
Fondation Cancer

# DT95 FEELEN GENERALVERSAMMLUNG

**25.10.2019**




A Präsenz vum Buergermeeschter Fernand Mergen an de Schäffen Alain Hansen an Dan Wilmes konnt de President vum DT95 Feelen Pol Majerus all d'Membere begréissen.

Et gouf ee ganz positive Bilan vum Joer 2019 gemaach, wou niewent de sportlechen Aktivitéiten, virun allem d'Matorganisatioun vum 1. „Wikingerschach on the Beach" ervirgehoff ginn ass. Trotz de schlechte Wiederkonditioune war dësen Turnéier ee schéinen Erfolleg.

D'Gemeng krut een extrae Merci gesot, well si heifir hir zwee nei Beachvolleyballterrainen zur Verfügung gestallt hat.

Och an de nächste Joren soll de Wikingerschach ee feste Bestanddeel vun de Veräinsaktivitéite bleiwen.

Nom positive Finanzbericht vum Keessjee Theo Majerus, krut hien d'Entlaaschtung vum Keesserevisor an eng exakt Buchführung bestätegt.

Et war dunn eng ganz besonnesch Freed fir den DT95 Feelen hiren zwee neie Sponsoren, dem Här Marc Lanners, Agent vun der Assurance La Luxembourgeoise an de Responsabelen vun der Bëschentreprise BMF, Barrela et Martins sàrl, allen zwee vu Feelen, een häerzleche Merci ze soen.

Si hunn all de Spiller nei Uniformen an nei Traniningskostümer gestëft, wat fir ee klenge Veräin, virun allem um finanzielle Plang, eng grouss a wäertvoll Hëllef ass.

Nodeems de Buergermeeschter och fir dat nächst Joer déi voll Ënnerstetzung vun der Gemeng zougeséchert huet, ass dës Generalversammlung gemittlech bei engem Patt an engem klenge Maufel ausgeklongen.

# WIKINGERSCHACH ON THE BEACH 1ST EDITION

29.09.2019






**DEN 29 SEPTEMBER 2019 HATEN DEN DËSCHTENNIS 95 FEELEN AN D'SPORTSDEDDESSEN ASBL OP HIREN 1. „WIKINGERSCHACH ON THE BEACH" OP DEE NEIE BEACHVOLLEYBALLSITE ZU FEELEN NIEWENT DER SPORTSHAL INVITÉIERT. WAT ASS IWWERHAAPT WIKINGERSCHACH?**

Dat ass eng nei Trendsportaart aus de skandinavesche Länner a mir wollte versichen, duerch eis Organisatioun, dëst flott Spill och hei am Land méi bekannt a méi populär ze maachen.

„Wikingerschach" och „Kubb" genannt ass ee Gesellschaftsspill, méi genee e Worfspill. Et trieden 2 Ekippe mat engem bis maximum 6 Leit géinteneen un. Et muss ee versiche mat engem Holzstéck dem Géigner seng 5 „Baueren" (Holzwierfelen) ëmzewerfen an zum Schluss och nach de Kinnek, deen an der Mëtt steet, ofzeschéissen.

Et ass eng amusant Sportaart fir déi ganz Famill vu kleng bis grouss, wou de Spaass an den Ekippegeescht am Mëttelpunkt stinn. Méi Detailer fannt Dir op eisem Internetsite www.wikingerschach.lu. Do kënnt Dir lech och eise klengen Teaser ukucken, an deem Dir gewise kritt, wat Wikingerschach ass, a wéi et gespillt gëtt.

Fir de Weekend vun der Aweiung vum neie Sportkomplex hate mir dëse spaassegen Familljenevent op d'Been gestallt. Mir ware ganz frou, datt trotz de schlechte Wiederkonditiounen, 18 Ekippen mat all Kéiers 2-3 Leit um Start waren. Encadréiert vu ville virwëlzegen Spectateuren, bei gudder Musek an engem ofwiesslungsräiche Catering konnte mir aus 5 Poolen zu je 4-5 Ekippen op dësem Sonndeg den 1te Champion op Sand zu Feelen kréinen. Et war eng lëschteg Ekipp mat dem originelle Numm „FC Borkenkäfer", déi sech um Enn an enger spannender Finall duerchgesat hat, an eise Wanderpokal fir 1 Joer mat heem geholl huet.

Niewent den Zelter, déi virum Reen geschützt hunn, hate mir och 2 verschidde Sprangschlässer fir d'Kanner opgeriicht. Hei konnte si sech austoben, wärend d'Mamm oder de Papp sech an eiser Kaffisstuff bei engem gudde Stéck Kuch oder Taart erholl hunn. Sou war dee ganzen Dag fir de Spaass um Spill an eng gutt Ambiance gesuergt.

Et war eis virun allem awer ganz wichteg den Dag ze weisen, datt de Wikingerschach ee Sport ass, dee jiddweree ka praktizéieren, all Mënsch mat oder ouni Behënnerung. Duerfir ware mir bei eiser Première ganz houfreg, eise Kolleeg de Paul Meysembourg ze begréissen. Hien ass Member vun der Asbl „Back to sport". Dës Organisatioun sëtzt sech fir Leit an, déi no engem schroen Accident, iwwer de Sport probéieren, nees besser zeréck an d'Liewen ze fannen. De Paul, dee selwer ee schwéiert Accident hat, huet de ganzen Dag mat senger Ekipp aus dem Rehazenter, mat vill Asaz a Freed matgespillt. Integratioun an Inclu-










sioun duerch de Sport, fir ee sozialt Mateneen fäerdeg ze brengen. Esou gëtt ee méi oppent Behuele vis à vis vun eise behënnerte Matmënsche favoriséiert, an dat huet ee positiven Effekt, souwuel fir deen ee wéi och fir deen aneren.

Et war eis duerfir eng grouss Freed ee Scheck vu 500 € fir ee gudden Zweck ze spenden an dat mat vollster Iwwerzeegung un d'Associatioun „Back to sport". Nach eemol Merci Paul fir deng Ënnerstëtzung.

Ee grousse Merci geet dann och un all déi Leit déi matgespillt, respektiv kucke komm sinn, an eis esou ënnerstëtzt hunn. Merci un d'Gemeng Feelen déi eis dee neie Site zur Verfügung gestallt huet an natiirlech och un all eis Membere fir hiren Asaz. Virun allem un all eis Sponsoren ee groussen an häerzleche Merci, well ouni si wier dës 1. Editioun an där Form net méiglech gewiescht.

Nom Wikingerschach ass virum Wikingerschach an duerfir luede mir lech elo schonn op eis 2. Editioun vun dësem Turnéier an, den 13. September 2020 op der nämmlechter Plaz.

Kommt a spillt mat, oder kuckt no, a genéisst een Dag zesummen mat Famill a Kolleegen an enger flotter a geselliger Ambiance.

Comité vun de Sportsdeddessen an Dëschtennis Feelen



# FEELENER SEKURISTEN & WANDERFRËNN ASBL DAGESAUSFLUCH VOGESEN

**30.06.2019**



Um Dagesausfluch vun de Feelener Sekuristen a Wanderfrënn an d'Vogesen ware 25 Leit mat op den Tour.

Moies si mir op Maizières-les-Metz gefuer, wou mir Kaffi gedronk hunn. Dono goung et weider op Lunéville, wou mir eng Besichtegung vum Schlass vu Lunéville gemaach hunn. Dëst gouf dem Schlass vu Versailles noempfonnt.

Fir Mëtteg hu mir zu Gérardmer giess. Den Nomëtten gouf dunn ronderëm, am oder um Séi verbruecht. Dei eng ware mam Schëff ënnerwee, déi aner hunn zu Fouss den Tour vum Séi gemaach, erëm anerer hunn d'Vue op de Séi vun enger schéiner Terrasse genoss, an déi Klengsten haten hire Spaass am Waasser. Bei flottem summerleche Wieder war et ee richteg schéinen Ausfluch.



# FEELENER SEKURISTEN & WANDERFRËNN ASBL IVV WANDERUNG

**14.07.2019**

2019 hunn d'Feelener Sekuristen & Wanderfrënn fir déi 28. Kéier zu Feelen eng IVV Wanderung organiséiert.

Sou wéi och schonns déi lescht Joren war eise Marche gutt besicht. Am Ganze waren 811 Wanderer um Depart, dovunner 56 Wanderer aus den Nopeschlänner. Dëst Joer goung eisen Tour Richtung Colmer-Bierg. Dräi Tier vun 6, 12 an 20 km stoungen zur Auswiel.

Wann Dir Spaass um Wanderen huet, a gäre flott Ecker aus eisem Ländche kenne léiere wëllt, dann kuckt um Site www.flmp.lu. Do gesitt Dir wou déi nächst Wanderunge sinn. All Weekend gëtt dës Wanderung an engem aneren Duerf organiséiert. Dir kënnt dann och gäre fir eise Veräin um Marche deel huelen.

Eis Asbl organiséiert emol am Joer de Marche, eis Generalversammlung mat engem Iessen an ee Keelenowend. All zwee Joer maache mir een flotten Dagesausfluch. Dernieft organiséiere mir och Éischt Hëllef Couren hei am Duerf.

Wann Dir Loscht hutt Member bei eis ze ginn, dann mellt Iech beim Véronique André um GSM 621 185 638 oder iwwer E-Mail feelenersw@gmail.com. Et muss een awer net wanderen fir an eisem Veräin Member dierfen ze sinn. Et dierf een och Wandere goen, ouni Member an eisem Veräin ze sinn.







**SAVE THE DATE**

Eisen nächste Marche organiséiere mir Sonndes, den

**12. JULI 2020**

# FEELENER FËSCHERKOLLEGEN 1992

## Réckbléck op d'Saison 2019









2019 hate mir 21 aktiv Fëscher, déi bei 16 Präisfëschen a 5 Clubfëschen zesummen 799150 Gramm Fësch gefangen hunn. Clubchampion 2019 ass de Braun Steve ginn, dat virum Steffen Mike op der 2. Plaz. Op de weidere Plaze kommen de Micucci Batti virum Denelle Alain a Kirchen Charel.

Am Veräinschampionnat vun der FLPS ( Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs ) hu mir mat enger 6. Plaz vun 31 ofgeschloss. Bei alle 16 Präisfësche ware mir ëmmer ënnert den Top 8 klasséiert, mir hunn 3 mol gewonnen (Rouspert, Dikrech an Ueschdref), a sinn 2 mol Zweete ginn.

An den eenzele Kategorien hu mir 15 mol gewonnen. Mir waren 38 mol um Podium an 80 mol Top 10. Am Championnat vun der FLPS huet de Micucci Batti an der Kategorie Limit d'Goldmedail, an an der Kategorie U15 huet de Braun Nick d'Sëlwermedail gewonnen.

Am Juni 2019 hunn de Steffen Mike an de Braun Steve dierfe fir Lëtzebuerg un der Europameeschterschaft a Nordirland deelhuelen. De Mike huet sech op déi 38. Plaz klasséiert, de Steve op déi 62. Lëtzebuerg huet sech um Enn op enger 15. Plaz erëmfonnt.

Ofschléissend nach ee grousse Merci un eis Sponsoren vun der Saison 2019, dem Frank (érs s.à r.l.), dem Jeannot (De Grénge Jeannot) an dem Jean-Claude (Entreprise Vinandy s.à r.l.).

Braun Steve




Eröffnungszeremonie EM in Nordirland
LUXEMBOURG









# DÉI JONK VU GËSCHTER FRÉIJOERSAUSFLUCH OP SCHENGEN

**07.05.2019**



2019 sinn déi Jonk vu Gëschter fir de Fréijoersausfluch op eis schéi lëtzebuerger Musel gefuer. Um 10:30 Auer stung d'Visitt vun de „Caves St. Martin" um Programm. Eng ganz interessant Visitt duerch d'Kellere vum Betrib Gales, mat villen Erkenntnisser iwwer eise lëtzebuerger Crémant a Wäin. No der Degustatioun vun enger coupe Crémant, gung et virun an de Restaurant Hammes op Perl. Do gouf et ee Spargelmenü mat Spargelen à volonté. Hei koumen d'Spargelsliebhaber voll op hir Käschten.

Am Nomëtteg hu mir dunn de Site an de Musée vu Schengen besicht. Déi kleng Uertschaft, déi duerch d'Accords de Schengen, europawäit bekannt gouf. Eise Guide huet eis op eng flott an interessant Manéier duerch de Musée gefouert, an eis vill nei Erkenntnisser iwwer d'Accords de Schengen erzielt.

Et war wirklech ee ganz flotten an interessanten Ausflug!

À la prochaine!

Viviane Reinartz-Krack

# FEUERWEHRMANN MIT LEIB & SEELE

## Roger Claus als Korpschef verabschiedet



Mit dem Erreichen des 65. Lebensjahres entschied sich Roger Claus das Amt als Korpschef bei den „ Pompjeeën Feelen" definitiv aufzugeben. Im Rahmen der Abschiedsfeier die vor kurzem im Einsatzzentrum in Feulen stattfand, begrüßte Li Mergen eingangs alle Anwesenden ehe Vorstandsmitglied Carlo André die berufliche- und langjährige Feuerwehrlaufbahn von Roger Claus, Revue passieren ließ. Seit seinem Eintritt im Jahre 1971 stand Roger Claus mit Leib und Seele in den Diensten des Nächsten bei der Feulener Feuerwehr, wo er von 1975 bis 1981 den Posten des Sekretärs bei der Ortswehr in seinem Heimatort Oberfeulen bekleidete. Im Jahre 1981 bis 2014 stand er derselben Wehr als Korpschef bevor und wurde anlässlich der Fusion der beiden Feuerwehrkorps Ober- und Niederfeulen , zum beigeordneten Korpschef ernannt. Im Laufe des Jahres 2017 trat Roger Claus die Nachfolge von Korpschef Hipp Nelissen des gesamten Rettungsdienstes der Gemeinde Feulen an. Diesen Posten bekleidete der scheidende Korpschef dann bis zum 4. September dieses Jahres. Seitdem hofft man in Feulen einen geeigneten Leiter der Feuerwehr zu finden. Mit großem Dank und einem kräftigen Applaus wurde Roger Claus mit einem passenden Geschenk, verabschiedet. Auch Patrick Juncker, Vorsitzender der Regional Nord überbrachte die Glückwünsche des Feuerwehr-Zentralvorstandes und überreichte dem langjährigen Feuerwehrmann und scheidendem Chef ein Präsent als Anerkennung. Roger Claus bedankte sich bei der ganzen Feuerwehrmannschaft sowie bei der Gemeinde Feulen für die gute Zusammenarbeit in all den Jahren ehe ein gemeinsames Festessen diese symphatische Abschiedsfeier beschloss.



Text/Foto: Charles Reiser

# JUGENDAARBECHT VUM FUSSBALL NORTH LIMBURG CUP




De Päischtweekend hu mir mat eise Jugendekippe Pupilles, Poussins a Minimes an Holland um North Limburg Cup deel geholl. Freides Mëttes si mir um 14:00 zu Gréiwels mat der Busfirma UNSEN a Richtung Gennep gestart. Dëst Joer si mir zu 43 Persounen op d'Rees gaangen, dovunner 31 Spiller. Zousätzlech sinn awer och nach vill Eltere mam Auto nokomm, sief et nëmme fir een Dag, oder fir dee ganzen Turnéier, eis Ekippen ze ënnerstëtzen.

Als Première hu mir dëst Joer an engem Zelt op der Sportsanlag vu Gennep geschlof. Dee grousse Virdeel vum Zelten op der Sportsanlag huet dora bestanen, datt d'Kanner all Moment konnte Fussball spillen. Ee klengen Nodeel vum Zelten hu mir déi éischten Nuecht ze spiere kritt. Nodeems déi méi al jugendlech hollännesch Spiller, endlech matten an der Nuecht mat hirer Party am Zelt niewendru fäerdeg waren, ass Stuerm opkomm, an et huet een all Moment gemengt d'Zelt géif fort fléien. Mee et war alles gutt gaangen a wou mir du Moies no enger kuerzer Nuecht um hallwer siwen opgestane sinn, ware schonn eis éischt Spiller um Terrain am gaange Fussball ze spillen an d'Nowéie vun der Nuecht ware schnell vergiess.

Gespillt hu mir Samschdes a Sonndes op de Sportsanlage vu Sint Hubert a Groesbeek. Wat an Holland opgefall ass, ass datt praktesch all Duerf säi Fussballsveräin huet, an datt all Veräin 4-5 Terrainen huet. Eis Pupillen-Ekipp ass gutt an den Turnéier gestart an huet hiren éischte Match 0-0 gespillt an deen 2te Match 3-1 gewonnen. Fir si war erschwéierend dobäi komm, datt si bei eis am Land zu 7 géint 7 op engem véierels Terrain spillen, woubäi an Holland op engem halwen Terrain gespillt ginn ass, deemno op engem Terrain deen duebel sou grouss ass. Déi nächst Ekipp „De Treffers" hate 6 Ersatzspiller dobäi, a wou eis Equipe ugefaangen huet midd ze ginn, huet de Géigner einfach déi ganz Ekipp ausgewiesselt. Dëse Match huet eis Ekipp du leider 4-0 verluer. Sonndes huet eis Ekipp dunn nach 1-2 géint dee spéidere Gewënner verluer an dee leschte Match an der Virronn 4-0 gewonnen. An der Finall ëm déi 3te Plaz ass et dunn erëm géint „De Treffers" gaangen, wou eis Ekipp no engem gudde Match leider verluer huet, awer nach déi ganz gutt 4te Plaz beluecht huet.

Fir eis Poussins an eis Minimes war et Samschdes méi schwéier. Si hunn hir Gruppematcher leider all verluer. Samschdes Owes gouf sech du beroden, an Taktiken opgestallt, wat ee Sonndes kënnt besser maachen. Vill vun eise Spiller hunn hir éischt Disco, déi vum Organisateur op der Sportsanlag organiséiert gi war, matgemaach an et huet Wierkung gewisen. Sonndes hu sech eis Ekippe bei wonnerschéinem Wieder wéi ausgewiesselt gewisen. Eis Poussins hunn hir 3 Matcher gewonnen an hunn déi gutt 5te Plaz beluecht. Hei huet ee gesinn, wat ee bewierke kann, wann eng Ekipp zesumme wiisst an als Ekipp optrëtt.

Eis Minimes waren hiren éischte Match schnell 2-0 vir, hunn awer duerno nach onglécklech verluer. Hei gouf du liicht un der Taktik ajustéiert an deen 2te Match huet sech eis Ekipp vun hirer beschter kämpferescher Säit gewisen, an huet 4-2 gewonnen. Dee leschte Match huet sech eis Ekipp missten bei engem ganz staarke Géigner 2-4 geschloe ginn.

Deen allgemenge Fazit vum Turnéier war schnell gezunn: Et war ustrengend awer et huet sech gelount, Spiller ware begeeschtert, jiddwereen huet sech besser kenne geléiert, als Ekipp si mir zesumme gewuess an d'Spiller hu geleiert, datt een nëmmen als Ekipp eppes erreeche kann.

Well äert Kand och Fussball spillen, an Deel vun enger Ekipp sinn, da kënnt Dir Iech gäre bei eis mellen. Mir sinn ëmmer op der Sich no motivéierte Spiller. Op www.flf.lu fannt Dir ëmmer déi aktuell Kontaktpersounen. Di nächst Saison bidde mir Jugend-Ekippen an de Kategorië Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes a Scolaires un, dat heescht ab 5 Joer bis de Joergang 2005.

# JUGENDAARBECHT VUM FUSSBALL AUSFLUCH BAYARENA LEVERKUSEN

Den 3. November 2018 ware mir mat eise Jugendekippe Pupilles, Poussins a Minimes op Leverkusen gefuer, fir een Dag an der BayArena ze verbrengen. Moies hu mir eng interessant Visitt gemaach, wou mir een Abléck kritt hunn, wéi d'Preparatiounen op engem Spilldaag oflafen. Mir konnten ausprobéiere wéi et sech ufillt, fir duerch den Alaftunnel op d'Spillfeld ze lafen, op der Spillerbänk Plaz ze huelen, den hellege Wues unzepaken, a fir un enger Pressekonferenz aktiv deelzehuelen. Ausserdeem haate mir d'Méiglechkeet fir d'Preparatiounen am VIP-Bereich ze verfollegen an d'Tropheeësammlung ze bewonneren. Vill interessant Froe konnte wärend der Visitt beäntwert ginn wéi:

- Firwat huet Leverkusen de Spëtznumm Vize-kusen?
- Firwat ass d'Trainerbänk esou niddreg hei am Stadion?
- Wéivill Gäertner sinn agestallt fir sech nëmmen ëm de Wues ze këmmeren?
- Wéi deier sinn d'Logen am VIP-Beräich?
- Wéi kontrolléiert d'Police d'Zuschauer besonnesch am Gästeblock?
- Wéivill Persoune sinn op engem Spilldag am Asaz fir dat dëse reiwungslos kann oflafen?

Mëttes hu mir eis du mat engem gudde Schnitzel am Restaurant Haus am Park gestäerkt, éier mir dunn zeréck an de Stadion gaange sinn, fir eis de Match Leverkusen géint Hoffenheim unzekucken. Interesséiert hunn d'Kanner nogekuckt wéi sech d'Spiller an de Golkipp warm gespillt hunn, a ware voller Virfreed datt de Match sollt ugepaff ginn. Leverkusen huet d'Spill dominéiert awer gouf klassesch vun Hoffenheim ausgekontert. Sou huet Hoffenheim mat zum Deel spektakuläre Goler de Match 4-1 gewonnen.

Jiddwereen deen um Ausfluch deelgehol huet, war begeeschtert an esou steet enger Neioplo näischt méi am Wee.





# EKIPPEN - ENTENTE FEELEN / HEISCHENT / GRÉIWELS













## INTERESSÉIERT

Hutt Dir och een Kand (ab 5 Joer) wat interesséiert ass an Spaass um Fussball spillen huet, kënnt Dir lech gäre via Mail: usfeulen@pt.lu oder um Nummer: 621 22 88 68 mellen



# VISITE „MUSÉE DES MINES ZU RËMELENG"

**13.04.2019**





Op Invitatioun vun der Kulturkommissioun Feelen huet sech am Fréijoer ee klenge Grupp vu Feelen op de Wee gemaach fir ee ganz wichtegen Deel vun eiser lëtzebuerger Geschicht am Minett z'entdecken. Ausstafféiert mat Secherheetshelmer a kloren Uweisungen hu mir eis mat eisem Guide dem Georges op ee spannende Wee gemaach.

Wann de Musée des Mines zu Rëmeleng vu baussen, an och d'Entrée fir an d'Minen eran, éischter kleng ausgeseit, kënnt een aus dem Staunen net méi eraus wann ee bis mam Zichelen ëmmer méi déif an de Bierg era fiert. 4 km laang a 60 Meter déif huet den Zichelchen eis bequem an d'Galerien transportéiert. Duerno goung et zu Fouss duerch onzieleg Galerien ëmmer méi déif an de Bierg eran. E riesegt Labyrinth iwwer e puer Etagen, wou mir ouni eise Guide de Wee net méi erausfonnt hätten…. Beandrockend war alles wat mir hei ze gesinn, erzielt a gebuede kruten.


Di enorm Gréisst vun de Galerien, flott original a nogebaute Szenen, Material vun den Ufangszäiten, wou iwwer 80 Joer alles mat der Hand geschafft gouf.

Awer och mi kleng an herno ëmmer méi grouss Maschinen, déi d'Aarbecht an de Minen zwar erliichtert hunn, awer dat Ganzt och net manner geféierlech gemaach hunn, konnte mir op eisem ënneriirdechen Tour bewonneren.

Eise Guide huet eis vill Fakten, Geschichten an Anekdote vun de Mineure mat op de Wee ginn, an di Feelener Visiteure sinn herno mat déiwem Respekt virun där schwéierer geleeschtener Aarbecht, déi d'Mineure vu fréier hei gemeeschtert hunn, nees all aus de Minen erauskomm.


Nadine Schreiner-Bachstein



















# ENDLECH ALASKA!

**19.01.2019**








Mam läschten Deel vun der Alaska-Trilogie konnten di dräi Akteuren Monique Melsen, Mady Dürrer a Marcel Heintz nees de Publikum zu Feelen am Hennesbau méi wéi iwwerzeegen! Mat Texter vum Jay Schiltz an ënnert der Regie vum Claude Mangen war den drëtten Deel „Endlech Alaska" méi eescht an nodenklech an et gouf vielleicht net grad esou vill ze laachen, wéi bei deenen zwee éischten Deeler „E Wäibierg an Alaska" an „Wéi wäit nach bis Alaska?".

Mee grad bei méi déifgrënnegen Texter, Iwwerleeungen iwwer d'Vergaangenheet, iwwer d'Liewen, iwwer d'Zukunft…..hunn di dräi Akteuren mat schwaarzem Humor an onverkennbare Mimiken a Gesten op der Bün alles ginn.

Ganz groussen Applaus an Unerkennung gouf et fir di schauspillerech Leeschtunge vum Mady Dürer, Marcel Heintz a Monique Melsen vum Publikum zu Feelen.

Een onvergiesslechen Owend an engem gemittleche Kader an Zesummenaarbecht vum KOLPING Feelen an der Kulturkommissioun vun der Gemeng Feelen.

Nadine Schreiner-Bachstein



# CONCERT UERGEL MAT KLARINETT

**30.06.2019**







Traditionnel organiséieren di Feelener Uergelfrënn fir di Uewerfeelener Kiermes e Concert mat Uergel an der Porkierch zu Uewerfeelen. Bei tropeschen Temperaturen huet déi Zäit ganz Feelen an dat ganzt Land geschweest. Ëmsou angeneem war et dee Mëtteg an d'Kierch ze kommen an d'Virdeeler vun deenen ale Mauren ze genéissen, well an der Kierch ganz agreabel Temperature waren. De Pol Pletschette vun den Uergelfrënn huet bei der Begréissung gemengt, de Publikum kinnt sech beim ugekënnegte Concert op eng erfrëschend Dusch mat schéiner Musek freeën.

D'Feelener Uergelfrënn hate fir de Kiermesconcert 2019 op der Uergel de Gérard Close, an op der Klarinett den André Giet invitéiert.

Mat engem kuerzen a frëndleche „Bienvenue à Oberfeulen" huet den André Giet vum Altor aus de Publikum op senger Klarinett begréisst. Op der Uergel huet de Gérard Close mat „Ciacona in d" vum Pachelbel gefälleg an harmonesch geäntwert.

Mat „Sonate en sol mineur fir Klarinett an Uergel" vum J.X. Lefèvre konnt een héieren, wéi gutt d'Klarinett mat der Feelener Uergel harmonéiert huet.

Ganz groussarteg an impressionnant huet de Gérard Close „Praeludium con Fuga in C" vum J.S. Bach mat sengen zwou Hänn an zwee Féiss méi wi iwwerzeegt! Bei „O Gott du frommer Gott" huet de Gérard Close bei de Variatiounen och di ënnerschiddlech Klangfaarwen vun der Feelener Uergel a sei Spill bruecht.

E besonnesch schéint Stéck war „Sonate en FA" vum G.F. Händel, wou d'Uergel an d'Klarinett mat enger Aart, Fro an Äntwert kommunikéiert hunn.

Summerlech mat ville Flutten am Regëster (Villercher) huet de Gérard Close ee weidere solistesche Programmpunkt mat „Sonate pour orgue" vum C.P.E. Bach op der Uergel presentéiert.

Zwou eege Kompositioune vum André Giet op der Klarinett, eng iwwer de Wollef an eng iwwer d'Schmuewel, sinn extra gutt beim Publikum ukomm.

Als Organist vun der Abtei vu Klierf, huet de Gérard Close mat „Chant intérieur" vum Dom P. Benoît ee ganz charmanten Hommage un d'Benediktinermënchen am Concert agebaut.

Mat engem absoluten Highlight hunn di zwee Kënschtler mat „Adagio fir Uergel a Klarinett" vum H.J. Baermann de Concert zu Feelen ofgeschloss.

Krut de Publikum am Ufank vum Concert erfrëschend Dusch mat schéiner Musek versprach, sou konnten de Gérard Close an den André Giet zum Schluss eng Dusch mat déckem Applaus genéissen.

Nadine Schreiner-Bachstein

**SAVE THE DATE**
**UERGELCONCERT 2020**
**21.06.2020 & 18.10.2020**

# FEELENER MUSEK GALACONCERT

16.03.2019





## „OLÉ“ MAM THEMA SPUENIEN HUET SECH DI FEELENER MUSEK OP HIREM GALACONCERT 2019 PRÉSENTÉIERT.

De Jugendensemble, ënnert der Direktioun vum Sandy de Marie-Schaltz, huet mat „Let's get loud“ an „Havana“ de Concert ugefaangen a mat vill Rhytmus di néideg Stëmmung gezaubert.

Feiereg an temperamentvoll huet sech di Feelener Musek ganz chic a schwaarz gekleed an engem flotten Dekor dem Feelener Publikum présentéiert. An Handaarbecht war eng passend Deko fir d'Bün an di eenzel Museker gebastelt ginn. Zousätzlech mat enger eleganter Beliichtung huet di ganz Présentatioun perfekt zum Owend gepasst.

Vill Highlights konnt di Feelener Musek ënnert der Leedung vun hirem Dirigent dem Patrick Kim Wilhelm mat ville solisteschen Einlagen vu verschiddene Musikanten an deenen eenzelne Stécker weisen.

D'Présentatioun gouf nees vum Sarah Kirchens och mat passendem Outfit bravouréis gemeeschtert.



Eng flott Iwwerraschung war dem Team vun der Percussioun gegléckt, déi mol op eng aner Aart a Weis vill Ablécker an hirt Kënne gewisen hunn. Mat „Mashed Percussion“, arrangéiert vum Patrick Choque, ware ganz flott Einlage mat Basketbäll an ville verschidde Percussiounsinstrumenter ze gesinn an ze héieren.

Een décken Applaus fir all Musikant vun der Feelener Musek fir de Galaconcert 2019!

Text: Nadine Schreiner-Bachstein
Fotoen: Nadine Schreiner-Bachstein & Jang Gaspar



**SAVE THE DATE**
**GALACONCERT 2020**
**SAMSCHDES 14.03.2020**


Olé
















Olé

# CONCERT TRUMPET CROSSOVER TROMPETT AN UERGEL

**20.10.2019**













Di Feelener Uergelfrënn haten um zweete Rendez-vous an der Porkierch zu Uwerfeelen dräi Museker fir e Concert mat Trompett an Uergel invitéiert: Jeff Mack - Trompett an Didgeridoo; Lutz Mandler - Trompett, Alphorn an Didgeridoo - Maurice Clement: Uergel.

Gespillt goufe e.a. Wierker vun: Johann Melchior Molter, Leopold Mozart, Lutz Mandler, Michael Sell, Petronio Franceschini

Fotoen: Gaspar Jean

**SAVE THE DATE: UERGELCONCERT 2020**
**21.06.2020 & 18.10.2020**

# KETTEL CHARLES 90 JAHRE



Geboren wurde Charles Kettel, der kürzlich 90 wurde, am 5. September 1929 in Feulen. Am 31. Mai 1961 heiratete er Anni Hansen, die viel zu früh am 31. Dezember 2006 verstarb. Aus der Ehe entsprossen vier Kinder. Charles Kettel wohnte stets in Niederfeulen und arbeitete bei einem großen Reifenkonzern in Colmar-Berg. Heute lebt er im Pflegeheim der Association Luxembourg Alzheimer in Erpeldingen-Sauer. Er freut sich auf jeden Besuch, insbesondere auf den seiner vier Enkelkinder. Kürzlich feierte Charles zusammen mit seinen Angehörigen und Freunden seinen Ehrentag. Bürgermeister Fernand Mergen und die Schöffen Alain Hansen und Daniel Wilmes aus Feulen überbrachten dem Jubilar ihre Glückwünsche.

Text/Foto: Ronald Oestreicher

# 70-JÄHRIG HU SECH ERËMGESINN

**29.11.2019**




Genee fënnef Joer si vergaangen, dass die Feelener vum Joergang 1949 vun Uewer- an Niddefeelen sech getraff hunn, fir hire 65. Geburtsdag ze feieren. Op Initiativ vum Marie- Josée Fischbach a Léa Hottua ass de 70. Geburtstag dann och zesumme gefeiert ginn. No enger Gedenkminutt an Nidderleeë vun engem Blummenarrangement op de Griewer vun de verstuerwene Komerode Pier Hottua a René Anthon hunn si sech op de Wee op Ettelbréck gemeet, wou e gudde Maufel beim gemeinsame Mëttegiessen an der Taverne Arthur opgedëscht gouf. Wärend e puer gemittleche Stonne sinn esou munnech Anekdoten aus der onvergiesslecher Jugendzäit zu Feelen nees opgefrëscht ginn. Ganz interessant sinn di vill Fotoen aus deene fréieren Zäiten, déi vum Charel Reiser an all dene Jore mat vill Suergfalt archivéiert goufen, gekuckt ginn. Beim Abschid ware si sech alleguerten eens, esou een Treffen an zwee an een halleft Joer erëm ze widderhuelen.

Text/Foto: Charel Reiser

# MARIAGES / NAISSANCES / DÉCÈS



Schuch Sebastian & Bormann Jessica



Fischer Kevin & Thillmany Anouk



Bout Steve & Fatello Fabienne



Strowig Sven & Tsanou Kalliopi



Binsfeld Paul & Anzia Marie-Paule

## MARIAGES 2019

| | |
|---|---|
| Bout Steve & Fatello Fabienne | 05.04.2019 |
| Strowig Sven & Tsanou Kalliopi | 11.05.2019 |
| Binsfeld Paul & Anzia Marie-Paule | 31.05.2019 |
| Schuch Sebastian & Bormann Jessica | 22.06.2019 |
| Palgen Thierry & Kremer Tessy | 09.09.2019 |
| Fischer Kevin & Thillmany Anouk | 26.10.2019 |
| Jans Samuel & Schintgen Stephanie | 28.11.2019 |
| Arend Guy & Cardoso De Lima Landeck Adriana | 05.12.2019 |

## NAISSANCES 2019

| | |
|---|---|
| Castro Dos Santos Kenzo | 11.01.2019 |
| Fellens Louise | 02.02.2019 |
| Leider Mats | 10.02.2019 |
| Espinar Schumacher Alba | 24.02.2019 |
| Engeldinger Pauline | 27.02.2019 |
| Fiume Aurélie | 04.03.2019 |
| Fiume Luana | 04.03.2019 |
| Martins Oliveira Emma | 29.03.2019 |
| Choque Schiltz Miley | 05.04.2019 |
| Kaba Nia | 08.05.2019 |
| Durães Braga Kevin | 23.05.2019 |
| Silva Oliveira Bryan Filipe | 24.05.2019 |
| Bourg Joseph | 28.05.2019 |
| Findeisen Merlin Emil | 30.05.2019 |
| Cardoso Elias Dimitri | 05.06.2019 |
| Sousa Moreira Bryan José | 23.06.2019 |
| Joldic Dania | 27.06.2019 |
| Loureiro Lopes Mateus | 16.07.2019 |
| Pereira Alves Mateo | 19.07.2019 |
| Sousa Gomes Leticia | 01.08.2019 |
| Michels Pinto Sophie | 26.09.2019 |
| Petracca Alessio | 29.09.2019 |
| Mesquita Ferreira Lyah | 04.10.2019 |
| Moecher Flammang Jade | 04.11.2019 |
| Thull Léonie | 14.11.2019 |
| Lefeber Kate | 14.11.2019 |
| Gonçalves Ribeiro Mathis | 16.11.2019 |
| Wolter Jo | 03.12.2019 |
| Gonçalves Soares Isabelle | 09.12.2019 |
| Gonçalves Soares Tatiane | 09.12.2019 |
| Kohn Tim | 13.12.2019 |
| Araujo Monteiro Elias | 16.12.2019 |
| Carocha Luan | 23.12.2019 |

## DÉCÈS 2019

| | |
|---|---|
| Walers Georges | 01.03.2019 |
| Kitayama - Olinger Anne | 30.05.2019 |
| Ferreira Perdigao Antonio | 06.06.2019 |
| Elsen - Hendel Anne | 07.06.2019 |
| Mousel Edouard | 07.07.2019 |
| Lambert Nikolaus | 28.07.2019 |
| Ries - Kuborn Denise | 06.08.2019 |
| Corallo Nicola | 07.08.2019 |
| Decker - Glod Elise | 28.09.2019 |
| Decker François | 05.10.2019 |
| Ramos Correia - Borges Gomes Correia Luiza | 25.10.2019 |
| Justen Marguerite | 31.10.2019 |
| Brachtenbach - Kremer Margot | 22.11.2019 |
| Lanners Pierre | 17.12.2019 |
| Hess - Wampach Marie Anne | 30.12.2019 |

# NORDSTADJUGEND AKTUELL

## Dikricher Jugendhaus feiert 30 Joer







1989 huet de Frantz Charles Müller, deemolegen Direkter vum Service National de la Jeunesse, de Jacques Dahm beoptraagt, deen deemools Proff am LCD a Regionalanimateur vum SNJ war, e Jugend- an Informatiounszenter zu Dikrich opzemaachen.

Den 22.11.1989 huet dunn e Jugendzentrum, wat haut als „Dikricher Jugendhaus" bekannt as, fir d'éischte Kéier seng Dieren opgemaach, mam Zil, Jonken tëscht 12 a 26 Joer, Raum an Treffpunkt souwéi Informatioun an Animatioun ënner pedagogescher Begleedung unzebidden.

2007 ass d'Nordstadjugend a.s.b.l. gegrënnt ginn, an geréiert säitdeem d'Jugendhaiser vun Dikrich an Ettelbréck.

D'Gebuertsdagsfeier fir 30 Joer Dikricher Jugendhaus huet den 07.12.2019 am Bistro „46, am Tuerm" zu Dikrich stattfonnt. An engem flotte Kader waren hei ënnert anerem Optrëtter vu Bands a Kënschtler aus dem Jugendhaus (S.A.M., Warriors of the Light, Two G's, Oke, L.A.N.E.).

Rieden goufe gehale vum:

- Maurice Losch, President vun der Nordstadjugend a.s.b.l.
- Jacques Dahm, Matgrënner vum Jugendhaus Dikrich
- Claude Haagen, Buergermeeschter vun Dikrich

Heibäi goufen eng sëllege flott Erënnerungen an Anekdoten erzielt an net ze vergiessen, di wäertvoll pedagogesch Aarbecht di d'edukatiivt Personal iwwer Jore geleescht huet.

Di momentan Clientèle ass am Duerchschnëtt tëscht 15-21 Joer jonk an et kommen 10-15 Jonker pro Dag an d'Jugendhaus.

Haaptaktivitéiten sinn am Moment:

- Gespréicher iwwer allméiglech Themen
- CV'en a „Lettre de Motivation" schreiwen
- Zesumme kachen
- Billard, Wii, Gesellschaftsspiller
- Sportaktivitéiten

Donieft fannen Dag fir Dag eng Rei spontan a geplangten Aktivitéiten am Haus statt. Samschdes gin Aktivitéiten ausserhalb vum Haus ugebueden: Mountainbike, Fëschen, Escape Room, Museesbesich, Conventionbesich (Luxcon, Steampunk…) an nach villes méi.

Fir d'Joer 2020 stinn och nees gréisser Projet'en um Programm vum Dikricher Jugendhaus, wéi z. B. e grousse Museks-Festival mat a fir di Jonk; e Projet fir d'Liewen: Jonker mussen aus sech rausgoen, onbekannte Saachen maachen, aus der „Komfortzone" rausgoen mam Ziel, de Schrëtt zum Erwuesseginn gutt meeschteren ze kënnen. E weidere grousse Projet ass „Ausschwitz- 2. Weltkrich".









## WAT LEEFT SOSS BEI DER NORDSTADJUGEND?

Och di aner Servicer vun der Nordstadjugend hunn d'läscht Joer eng sëllege flott Projet'en an Aktivitéiten ugebueden, ënner anerem:

- Noju on Tour: mir waren reegelméisseg duerch eis mëttlerweil 10 Partner-Gemengen ënnerwee an hunn mam Ludobus, eisem mobille Spillbus, de Jonken d'Méiglechkeet gebueden, e flotten Nomëtteg an hirer Gemeng ze verbréngen. Sief et mat Gesellschafts-, Outdoor-, Zirkus- oder Sportsmaterial.
- Outdoor+: en Erasmus+ Projet wou Jonker aus Lëtzebuerg zesumme mat Jonken aus 4 aneren Länner eng super Woch voll Spaass an Outdooraction, awer och Natur a Kultur zu Lëtzebuerg erliewe konnten, mam Ziel, selwer hir Kompetenzen z'entdecken.
- Teenage Dream: di 100% jugendgerecht Party fir di Jonk tëscht 11-15 Joer, verbonne mat enger Infofoire. 100% Party – 100% Spaass – 100% Informatioun – 0% Alkohol.
- Kachconcours: e flotten Nomëtteg an der Hotelschoul, wou jonk Hobbykäch e gudden 3-Gänge-Menü kachen, dëst a lockerer an flotter Atmosphär.
- „Be active – Deng Zukunft, däi Wee" eng Infofoire fir Jonker an hir Elteren zum Thema schoulesch a berufflech Orientéierung an Aarbechtssich.

Dëst si just e puer vun eise Projet'en an och méi „kleng" Aktivitéiten fanne reegelméisseg an eise Jugendhaiser, respektiv an eise Gemenge statt: Bak- a Kachatelier'en, Boxtraining, Sport- an Outdoor-Aktivitéiten, Presenz op Eventer, wéi z. B. Chrëschtmaart, Duerffester, Nuit du Sport etc

2020 gëtt net manner attraktiv an d'Nordstadjugend bitt nees eng ganz Rei flott Projet'en an Aktivitéiten un, ënner anerem:

- de Fairplay Futsal Tournoi, den 19. Februar an der Sportshal zu Schieren
- de Kachconcours, de 7. Määerz an der Hotelschoul
- „Deng Meenung zielt" de 14. Mäerz zu Bettenduerf, spéider am Joer och zu Ettelbréck an zu Beefort
- Teenage Dream, den 29. Mee an der „al Seeërei" zu Dikrich
- Outdoor plus am Juli
- Rebound (Suchtproblematik a Präventioun)
- Sportsdag am Summer

An an an…..

Dir gesitt: langweileg gëtt et bei der Nordstadjugend net.

Dat alles ass awer just méiglech duerch di finanziell Participatioun vun eise Partnergemengen an an deem Sënn seet d'Nordstadjugend och Ärer Gemeng e grousse Merci fir d'Ënnerstëtzung.

## KONTAKT

### REGIONALE JUGENDSERVICE

7, avenue de la gare
L-9233 Diekirch
3. Stack Büro 309

Tél. 80 91 65
Tél. 691 80 91 64

coordination@nordstadjugend.lu

Ëffnungszäiten: op Rendez-Vous

### JUGENDWUNNEN

7, avenue de la gare
L-9233 Diekirch
3. Stack Büro 302

Tél. 691 80 91 65
Tél. 691 80 91 66

juwu@nordstadjugend.lu

Ëffnungszäiten: op Rendez-Vous

### ETTELBRÉCKER JUGENDHAUS

rue de l'école agricole
(Parking ouvert / Centre commercial)
L-9016 Ettelbruck

Tél. 81 86 86

ettelbruck@nordstadjugend.lu

Ëffnungszäiten:
Méindes bis Freides 12.00 - 19.00
Samschdes 13.00 - 18.00

### DIKRICHER JUGENDHAUS

13, avenue de la gare
L-9233 Diekirch

Tél. 80 37 64

diekirch@nordstadjugend.lu

Ëffnungszäiten:
Méindes bis Donneschdes 12.00 - 20.00
Freides 12.00 - 22.00
Samschdes 14.00 - 18.00



# Jugendarbeitslosigkeit

## Kostenlose Beratung für arbeitslose Jugendliche und junge Erwachsene

Obwohl die Arbeitslosigkeit insgesamt rückläufig ist, gibt es nach wie vor viel zu viele Jugendliche und junge Erwachsene, die nicht arbeiten, die über Jahre hinweg keine Beschäftigung haben oder keine berufliche Orientierung finden. Jugendliche, die die Schule verlassen, weil sie keinen Ausbildungsbetrieb finden oder die aus privaten Gründen in so große Schwierigkeiten geraten, dass sie zu Hause bleiben, sind keine Seltenheit. Häufig ist diese Situation für sie und ihre Familien eine große Belastung.

Aus diesem Grund bietet unsere Gemeinde diesen jungen Menschen einen kostenlosen, persönlichen und professionellen Dienst **Youth & Work** an, der jeden arbeitslosen Jugendlichen berät und dies solange, bis ein Ausbildungs- oder Arbeitsvertrag abgeschlossen ist.

Jeder bis zum Alter von 30 Jahren wird bei Youth & Work vertraulich beraten. Die Berater sind erfahrende Coachs, die aus der Wirtschaft kommen. Es sind keine Vorkenntnisse erforderlich und die Beratung ist individuell.

**Angebot:**

**Arbeits- oder Ausbildungsstelle**

Du bist arbeitslos? Du suchst einen Ausbildungsbetrieb?

Persönliche Begleitung, um einen Beruf, eine Ausbildungs- oder Arbeitsstelle zu finden.

**Größere Zufriedenheit mit Deinem Leben**

Dir wachsen die Probleme über den Kopf?

Wir zeigen Dir, wie Du das Leben wieder in den Griff bekommst.

### Marc B., 21 Jahre, berichtet

*„Bereits nach kurzer Zeit war ich wie ausgewechselt, der Frust war weg. Die Leute dort wissen, wovon sie sprechen und sind richtig nett. Ich werde ernst genommen und ich habe jetzt meinen Wunschjob gefunden. Und darüber hinaus bin ich sogar viel glücklicher."*

### Büros in Ihrer Nähe

(Bitte Termin vereinbaren.)

Redange : 11, Grand-Rue

Diekirch : 7, avenue de la gare

(weitere Büros auf der Internetseite von Youth & Work)

**Telefon: 26 62 11 41**

**info@youth-and-work.lu**

**www.youth-and-work.lu**



# Le chômage des jeunes

## Conseils gratuits pour les jeunes et les jeunes adultes sans emploi ou formation

Bien que le chômage global soit en baisse, il y a encore beaucoup trop de jeunes et de jeunes adultes qui ne travaillent pas. Ils sont au chômage depuis des années ou n'ont pas encore trouvé leur orientation professionnelle. Ils ne sont pas rares, les jeunes qui quittent l'école professionnelle parce qu'ils ne trouvent pas de patron pour faire leur apprentissage ou encore ceux qui ont tant de problèmes personnels qu'ils restent à la maison. Alors, cette situation est lourde pour eux et leurs familles.

C'est pour cela que notre commune a décidé d'offrir le service de **Youth & Work. Un service** qui est **gratuit**, **personnel et professionnel**. Les consultants de Youth & Work accompagnent tous les jeunes au chômage jusqu'à la signature d'un contrat de formation ou d'emploi.

Toutes les personnes âgées de moins de 30 ans bénéficient de ces conseils confidentiels auprès de Youth & Work. Les consultants sont des coaches expérimentés, issus du monde de l'entreprise. Aucune connaissance préalable n'est requise et le conseil est individuel.

**Offre :**

**Emploi ou formation**

Tu es au chômage ? Tu cherches une entreprise de formation ?

Soutien personnel pour trouver une profession, un apprentissage ou un emploi.

**Plus grande satisfaction dans ta vie**

Tu es dépassé par les problèmes ?

Nous allons te montrer comment reprendre ta vie en main.

Youth & Work

### Marc B., 21 ans, raconte

*"Après un court laps de temps, j'ai changé et la frustration avait disparu. Les gens de Y&W savent de quoi ils parlent et sont vraiment gentils. Je me sentais pris au sérieux et j'ai maintenant trouvé le travail qui me plaît. Et en plus, je mène une vie beaucoup plus heureuse. "*

### Le bureau proche de chez toi :

(sur rendez-vous)

Redange : 11, Grand-rue

Diekirch : 7, avenue de la gare

(plus d'adresses : voir internet)

**Téléphone : 26 62 11 41**

**info@youth-and-work.lu**

**www.youth-and-work.lu**

landakademie

## Vous êtes formateur agréé en langues et informatique

et intéressé à travailler en tant que chargé de cours dans le domaine de la formation des adultes ?

Alors contactez-nous !

La Landakademie organise des cours de langue et d'informatique en collaboration avec ses communes partenaires et le Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et est régulièrement à la recherche de formateurs.

Si vous êtes interessé(e) à assurer des cours auprès d'adultes et à collaborer avec la Landakademie, veuillez nous envoyer votre CV ainsi qu'une copie de votre agrément* à info@landakademie.lu.

Pour tout renseignement supplémentaire, n'hésitez pas à nous contacter :

**Landakademie**
2 am Foumichterwee I L-9151 Eschdorf
Tel: 89 95 68 -23, -28 I Fax: 89 95 68-40
info@landakademie.lu I www.landakademie.lu

**Pour pouvoir travailler avec la Landakademie en tant que formateur/chargé de cours, il est impératif de possèder un agrément valide du Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*

# Gesundheit und Wellness

## Qi Gong
## Gesundheit fördern, Gelassenheit und Ruhe finden

**Was ist Qi Gong?**
Sanfte, langsam, fließende Bewegungsabfolgen, begleitet von bewusster Atmung und Konzentration, lassen eine Ruhe entstehen, die zur tiefen Entspannung führt.

**DIE KRAFT DES QI GONG**
Qi Gong verbessert die Stimmung, es reduziert die negativen Auswirkungen von Stress, erhöht die Konzentrationsfähigkeit und die Ausdauer und füllt den Körper mit frischer Energie. Mit QI GONG erreichen Sie mehr Gesundheit, Ausgeglichenheit, Gelassenheit und Harmonie von Körper, Geist und Seele. Es stärkt und stabilisiert das Immunsystem.

Die verschiedenen Qi Gong Übungen haben positive Auswirkungen auf das Herz-Kreislauf-System, den Schlaf, das Nervensystem, die Atemwege, das Lymphsystem, die Verdauungsorgane und den Bewegungsapparat.

Qi Gong dient der allgemeinen Steigerung der Lebensqualität

*Bitte bequeme Kleidung, Getränk und Gymnastikmatte mitbringen*

**Schnupperkurs:** Montag, 3. Februar 2020 14:30 Uhr – 16:00 Uhr
**Preis:** gratis

**Kurs:**
12 x montags
vom 24. Februar-25. Mai 2020
(kein Kurs in den Schulferien)
von14:30 bis 15:30 Uhr
**Preis:** 180,00 € / 12 Kurseinheiten

**Wo:** GILSDORF, aal Schoul, rue Principale
**Wer:** Joëlle Rischette
**Kurssprache:** luxemburgisch
**Anmeldung Workshop:** bis 27. Januar 2020
**Anmeldung Kurs:** bis 7. Februar 2020
**Minimum:** 8
**Maximum:** 15

**Organisation:** Club Senior Nordstad
**Tel: 26 81 37 43**
**E-Mail: nordstad@clubsenior.lu**

Wir freuen uns sehr, Ihnen unsere neue Internetseite präsentieren zu können: www.vital-an-aktiv.lu.
Sie können sich gerne über diese Website für unsere verschiedenen Aktivitäten anmelden und wir wünschen Ihnen viel Spaß beim Entdecken unseres Programms.

# Santé et Bien-être

## Qi Gong
## Prendre soin de sa santé, soutenir et stimuler la circulation de l'énergie vitale

**Le Qi-Gong, qu'est-ce que c'est?**
Les mouvements lents et postures statiques, la respiration et le travail du souffle, la concentration et la conscience corporelle sont à la base d'une détente profonde.

**Le pouvoir du Qi Gong**
Le Qi Gong remonte le moral, réduit les effets négatifs du stress, augmente la faculté de concentration et de l'endurance et tonifie votre corps. En pratiquant le Qi Gong, vous réconciliez le corps, le souffle et l'esprit et vous vous sentirez mieux dans votre tête et dans votre corps. En même temps, vous renforcez et stabilisez votre système immunitaire.

Les différents exercices ont des effets positifs sur le système cardio-vasculaire, le sommeil, le système nerveux, la digestion et permettent au corps de se détendre.

Après une séance de Qi Gong vous vous sentez calme, détendu et revitalisé.

*Veuillez prévoir des vêtements confortables, une boisson et un tapis de gymnastique.*

**Cours de découverte:** lundi, 3 février 2020 de 14:30 – 16:00 hrs
**Prix:** gratuit

**Cours:**
12 x les lundis
du 24 février au 25 mai 2020
(sauf vacances scolaires)
de 14:00 – 15:30 hrs
**Prix:** 180,00 € / 12 séances

**Où:** GILSDORF, aal Schoul, rue Principale
**Qui:** Joëlle Rischette
**Langue du cours:** luxembourgeois
**Inscription cours de découverte:** 27 janvier 2020
**Inscription cours:** 7 février 2020
**Minimum:** 8
**Maximum:** 15

**Organisation:** Club Senior Nordstad
**Tel: 26 81 37 43**
**E-Mail: nordstad@clubsenior.lu**

Nous sommes contents de pouvoir vous présenter notre nouveau site Internet: www.vital-an-aktiv.lu.
Grâce à ce site, vous pouvez vous inscrire directement à nos activités et nous espérons que la découverte de notre programme vous fera plaisir.

ala plus
hëllefs- a fleegedéngscht doheem




# ala plus
# Ihr häuslicher Hilfs- und Pflegedienst

Die Association Luxembourg Alzheimer – kurz ala – ist ein auf die Betreuung demenzkranker Menschen spezialisiertes Beratungs-, Begleitungs- und Pflegenetz.

Die verschiedenen Betreuungsstrukturen (häuslicher Hilfs- und Pflegedienst, Tagesstätten, Wohn- und Pflegeheim) ermöglichen es uns, den Betroffenen landesweit alle von der Pflegeversicherung vorgesehenen Leistungen anzubieten und viele Angebote, die darüber hinausgehen.

ala plus, unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst ermöglicht eine tägliche Betreuung und Beratung dank einem kompetenten und multiprofessionellen Team.

Unser häuslicher Pflegedienst ala plus bietet:

- Leistungen im Rahmen der Pflegeversicherung,
- Pflege, Betreuung und Begleitung im Rahmen der Gesundheitskasse (CNS),
- Hilfestellungen im hauswirtschaftlichen Bereich,
- Unterstützung pflegender Angehöriger,
- Interventionen und Maßnahmen welche die Autonomie fördern,
- Präventionsmaßnahmen welche die Lebensqualität verbessern.

Im März 2019 öffnet die ala die 4. Zweigstelle ihres ambulanten Hilfs- und Pflegedienstes in Wintger.

Der ambulante Hilfs- und Pflegedienst ist einsatzfähig von 6.00 Uhr bis 22.00 Uhr und das 7 Tage die Woche. Anfragen können per Telefon erfolgen unter der Nummer **26 007-420**

www.ala.lu

**Für mehr Lebensqualität**

association luxembourg alzheimer

# Association Luxembourg Alzheimer
## Mehr als 30 Jahre Erfahrung im Bereich der Demenz

Die Association Luxembourg Alzheimer – kurz ala – ist ein auf die Betreuung demenzkranker Menschen spezialisiertes Beratungs-, Begleitungs- und Pflegenetz. Auf nationaler und internationaler Ebene setzen wir uns für die Belange von Menschen die mit Demenz leben und für deren Angehörige ein.

Die ala wurde 1987 von Angehörigen Demenzerkrankter ins Leben gerufen. Rund drei Jahrzehnte später können wir auf einen bedeutenden Erfahrungsschatz zurückblicken. Im Wandel der Zeit bleibt das stetige Bestreben der ala, die Verbesserung der Lebensqualität der Menschen mit Demenz und ihren Angehörigen.

## Alle ala-Dienstleistungen auf einen Blick

- ala plus, häuslicher Hilfs- und Pflegedienst:
  Bonneweg, Esch/Alzette, Erpeldingen an der Sauer, Wintger
- 6 Tagesstätten:
  Bonneweg, Dahl, Dommeldingen, Düdelingen, Esch/Alzette, Rümelingen
- 1 Wohn- und Pflegeheim in Erpeldingen an der Sauer
- Sozial- und Koordinationsdienst
- Psychologischer und ergotherapeutischer Dienst
- Ethikkomitee
- Alzheimer Café
- Beratungsdienst zur Wohnraumanpassung
- Fortbildung für professionell Tätige und Angehörige
- Helpline (24 St./24): 26 432 432
- Selbsthilfegruppen

T. 26 007-1 | www.alzheimer.lu



# Nature for People

## Bestimmungskurs für Pflanzen

Lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen. Schwerpunkt ist die Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mit Hilfe von Florenwerken. Dabei werden die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien vorgestellt und Anleitungen zum botanischen Sammeln sowie zur Anlage eines Herbars gegeben. An zwei Terminen geht es ins Gelände, um das Erlernte vor Ort anzuwenden. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

## Wann & wo?

Der Kurs findet an acht Nachmittagen jeweils donnerstags von 15 bis 17 Uhr im Seminarraum des Regionalen Biodiversitätszentrums des SICONA in Olm, 12, rue de Capellen, statt. Die acht Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Termine: | 23.04.2020 | 30.04.2020 | 07.05.2020 | 14.05.2020 |
| | 28.05.2020 | 11.06.2020 | 25.06.2020 | 02.07.2020 |

## Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40 €; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20 €. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 25 Personen begrenzt.

Eine **verbindliche Anmeldung ist bis zum 03.03.2020 erforderlich**. Zur Anmeldung erkundigen Sie sich zunächst bei SICONA nach freien Plätzen. Danach überweisen Sie die Teilnahmegebühr auf unten stehendes Konto. Bei der Überweisung bitte Namen und Betreff "Teilnahme Bestimmungskurs 2020" angeben. Die endgültige Annahme zum Kurs wird nach Eingang der Gebühr bestätigt.

Naturschutzsyndikat SICONA
manon.braun@sicona.lu
12, rue de Capellen L-8393 Olm
Tel. 26 30 36 27 Fax. 26 30 36 30
Konto: BCEE LU36 0019 2000 0173 9000

Der Bestimmungskurs wird von der Biologischen Station SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt, in Kooperation mit dem *Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois* sowie der *Association des biologistes luxembourgeois*. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider (Botanikerin, Naturschutzsyndikat SICONA) und Thierry Helminger (Botaniker, Nationalmuseum für Naturgeschichte).

**Eine Anerkennung durch INAP ist möglich!**

SICONA Naturschutzsyndikat · natur musée mnhn.lu · snl.lu · ABIOL · Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

# People for Nature



- En règle générale, le cambriolage ne dure que 5 à 10 minutes.
- Souvent, les cambrioleurs utilisent un tournevis pour forcer l'ouverture d'une fenêtre.

## COMMENT VOUS PROTÉGER

### PROTECTION MÉCANIQUE

**Portes**

Une porte d'entrée antieffraction devrait correspondre à la classe de résistance minimale RC 2 (norme DIN EN1627) et être équipée au minimum d'un vitrage feuilleté de la classe de résistance P4A (norme DIN EN 356).

La sécurité d'une porte existante peut être renforcée par une barre transversale ou une serrure supplémentaire.

**Fenêtres**

Pour les constructions neuves ou les transformations, il convient d'installer au moins des fenêtres antieffraction de la classe de résistance RC2 (norme DIN EN 1627). Le triple vitrage seul ne suffit pas pour rendre l'effraction plus difficile si aucun vitrage de sécurité feuilleté de la classe de résistance P4A (DIN EN 356) n'a été installé.

Les fenêtres existantes peuvent être renforcées par des dispositifs de sécurité supplémentaires à visser.

### PROTECTION ÉLECTRIQUE

**Éclairage**

Les voleurs craignent la lumière. Particulièrement en automne et en hiver, lorsque les jours sont plus courts et les nuits plus longues, il est conseillé d'éclairer l'intérieur de votre maison par des minuteries électriques automatiques.

**Système d'alarme**

Les cambrioleurs évitent les maisons équipées d'un système d'alarme.




Pour les nouvelles constructions, un système d'alarme câblé peut être prévu tandis que pour les immeubles existants, un système d'alarme sans fil peut facilement être mis en place.

Le système d'alarme est individuellement programmable pour chaque objet et devrait comprendre les éléments suivants :

- Centrale d'alarme avec sirène intérieure ;
- Sirène extérieure sur la façade (bien visible) ;
- Transmetteur d'alarme (module GSM) ;
- Contacts magnétiques (fenêtre, porte, et porte de garage) ;
- Détecteurs de mouvement ;
- Détecteurs de bris de verre ;
- Détecteurs de fumée.

## CONSULTATION GRATUITE AUPRÈS DE LA POLICE

**Service national de prévention du crime**
Cité Policière Grand-Duc Henri
Complexe A, rue de Trèves
L-2957 Luxembourg
(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu



# Den 1. Januar 2020 ass den DAMPMELDER obligatoresch ginn

De 19. November 2019 ass dat neit Gesetz zu der Dampmelderpflicht an der Chamber gestëmmt ginn. Dëst Gesetz ass den 1. Januar 2020 a Kraaft getrueden a bezitt sech op di obligatoresch Installatioun vun Dampmelder a Gebaier déi op mannst eng Wunneng enthalen.

Ab dem 1. Januar ass esou mat d'Ubrénge vun Dampmelder an Neibauten obligatoresch. D'Dampmelder mussen dann um Niveau vun Ausgäng an a Schlofkummeren ubruecht ginn. An 3 Joer wäert d'Dampmelderpflicht vir all Haushalt am Land gëllen.

## E PUER WICHTEG PUNKTEN

| | |
|---|---|
| Firwaat sollt Dir esou een hunn ? | • Am Fall, wou sech Damp entwéckelt, geet direkt den Alarm lass an Dir kënnt Iech esou séier wéi méiglech a Sécherheet bréngen an d'Pompjeeën um 112 ruffen, grad an der Nuecht. |
| Wéi eng Gebaier ? | • D'Gesetz bezitt sech op all Gebaier di op mannst eng Wunneng enthalen. |
| Wéini ? | • Säit dem 1. Januar 2020 gëllt d'Gesetz vir all Neibauten<br>• An 3 Joer gëllt d'Gesetz vir all d'Haushält am Land |
| Wien ? | • D'Installatioun fält dem Proprietär oder dem Syndikat vun de Co-Proprietären zou<br>• Den Entretien fält dem Bewunner vum Logement oder dem Syndikat vun den Co-Proprietären zou |
| Wéi eng Dampmelder ? | • Den Dampmelder muss konform zu de Norme sinn an e muss mat dem CE Symbol gekennzeechent sinn |
| Wou ? | • Um Niveau vun Ausgäng<br>• An de Schlofkummeren |

**Weider Informatiounen - www.rauchmelder.lu • Aner Froen ? - rauchmelder@cgdis.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS



# LE DÉTECTEUR DE FUMÉE

# est obligatoire

# depuis le 1er janvier 2020

La loi relative à l'installation obligatoire de détecteurs autonomes de fumée pour les immeubles comprenant au moins un logement a été votée par le parlement en date du 19 novembre 2019 et est entrée en vigueur le 1er janvier 2020.

Depuis cette date l'installation de détecteurs autonomes de fumée est obligatoire pour les nouvelles habitations, ceci au niveau des chemins d'évacuation et chambres à coucher. D'ici trois ans l'obligation s'étendra à l'intégralité des habitations du pays.

## QUELQUES POINTS IMPORTANTS À RELEVER

**Pourquoi l'installer ?**

- En cas de fumée, il déclenche rapidement une alerte sonore et vous fait gagner du temps pour évacuer et appeler les pompiers au 112, surtout la nuit.

**Quels bâtiments ?**

- La loi s'applique à tous les immeubles comprenant au moins un logement

**Quand ?**

- Elle s'applique depuis le 1er janvier 2020 aux nouvelles constructions
- Elle s'appliquera d'ici trois ans à toutes les habitations du pays

**Qui ?**

- L'installation incombe au propriétaire ou au syndicat des copropriétaires
- L'entretien incombe à l'occupant du logement ou au syndicat de copropriétaires

**Quel(s) détecteur(s) ?**

- Le détecteur doit être certifié conforme à la norme harmonisée et être muni d'un marquage CE

**Où ?**

- Au niveau des chemins d'évacuation
- Dans chaque chambre à coucher

**Plus d'informations - www.rauchmelder.lu • Des questions ? - rauchmelder@cgdis.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

# I ♥ Feelen

## Redaktiounsschluss fir déi nächst Éditioun: 15. September 2020

**Hutt Dir Fotoen oder Texter fir an déi nächst Ausgab vum Louschlëssel?**
**Hutt Dir Ureegungen zu dëser Ausgab?**

Email: secretariat@feulen.lu


## IMPRESSUM

**Redaktiounskommissioun**
Bindels-Braun Tanja
Koetz Pol
Mergen Christianne
Mergen Fernand
Paracchini Aurélie
Schreiner-Bachstein Nadine

**Éditeur:** Gemeng Feelen

**Layout:** Art & Wise s.à r.l.

**Drock:** Exe

Merci all deene Leit, déi eis hir Fotoen a soss Material zur Verfügung gestallt hunn.

